

Dir Dammen an Dir Hären, war d'Regierungskonferenz zu Bréissel da wierklech en Échec? Dat wëll ech mol hei a Fro stellen. De gemeinsamen Europasekretariat vun deene gréisste Lëtzebuerger Gewerkschaften nennt d'Scheitere vun de Regierungskonferenz, entgéint deem, wat hei unisono gesot ginn ass, eng historiesch Chance, a seet, et soll een déi Chance notze fir endlech der sozialer Dimensioun méi Raum an Europa ze ginn.

De Paradox vun esou Aussoen, mat deenen ech iwwregens ganz d'accord sinn, ass awer deem, dass d'Konferenz guer net un deene Froe gescheitert ass. Si ass gescheitert un de sou genannten institutionellen, dat heescht machtpolitesche Froen. Den Haaptproblem, menger Meenung no, vun der ganzer Diskussioun ass deem, dass déi sozial Froe bei där Konferenz guer keng Roll gespillt hunn an dass se sech iwwregens och nëmme ganz schemenhaft am Verfassungsentwurf erëmispigelen, esou wéi en eis duerch de Konvent virgeluecht ginn ass.

Et gëtt vill philosophéiert an dësen Zäiten iwwert d'Feele vun engem Projet fir Europa, iwwert d'Feele vun engem europäesche Bewusstsein. Ech mengen, de Problem ass éischter deem, dass et e Projet fir Europa gëtt. Et ass deem neoliberale Projet, dee Projet, deem ëmmer méi iwwregens an der öffentlecher Meenung op eng breet Oflehnung stéisst, dee grad duerch dës Verfassung soll fir Jorzéngten zementéiert ginn.

Éischters schreift dës Verfassung d'absolut d'Virrecht vun der wirtschaftlecher Konkurrenz fest, déi mat alle rechtstaatlechen europäesche Mëttel festgeschriwwen a géint all Ufechtung soll geschützt ginn. Gläichzäitg sollen awer d'Norme vum Aarbechtsrecht wäit gehend um nationale Plang dezentraliséiert bleiwen, wat zu enger systematescher Konkurrenz och op sozialem Plan féiert an de Länner selwer an tëschent de Länner.

Zweetens reduzéiert d'Budgetsbegrenzung vun deenen eenzelne Länner no de Kritäre vum Maas-trichter Vertrag, déi jo och erëm eng kéier an dëser Verfassung hei festgeschriwwen gëtt, radikal d'Méiglechkeete vun enger Politik vu sozialer Emverdeelung a vun enger öffentlecher Wirtschaftspolitik an de Länner. Si féiert zwangseleefeg zu enger systematescher Privatisierung vun de Services publics a vun der Sécurité sociale. Si mécht domadder e breeden Terrain op fir Beräicherungen op där enger Säit a fir Aarmutt op där anerer Säit.

Drëttens bleift de Problem vun der Demokratie an Europa mat dëser Verfassung ongeléist. De Sommet vum Weekend huet iwwregens bewisen, dass mir ëmmer nach um Niveau vu Regierungskonferenze sinn. De Ben Fayot huet dat iwwregens zimlech androcksvoll am „Tagblatt“ gëschter geschriwwen. Ech zitieren hien: „Der Konvent war ja das Kind der Chefs, die damit ihre demokratische Gesinnung beweisen wollten. (...) Sobald der Konvent vorbei war, war das alles vergessen. Mit Lust und Liebe findet man sich nun unter seinesgleichen wieder, feilscht hinter verschlossenen Türen. (...) Ganz Europa hängt an ihren Lippen, an ihren Gesichtsausdrücken, sieht das Ballett der Limousinen.“

Dir Dammen an Dir Hären, sollen esou 450 Milliounen Europäer eng Verfassung kréien? Wou ass do de Verfassungsmandat, dee vun der Souveränitéit vun de Bierger ausgeet? An ech géif esouguer soen, och de Konvent selwer - an dat geet jo awer aus deenen Aussoe menger Meenung no ervir - ass jo dann och nëmmen e Kand gewiescht vun de Regierungschefen. Dat war am Fong geholl eng delegéiert Kompetenz nëmmen, déi dee Konvent do hat, en huet och selwer keng richtig demokratesch Legitimitéit gehat, fir esou e Verfassungsentwurf auszuschaffen.

Véiertens, et soll och an d'Verfassung kommen, dass d'Memberländer verflücht ginn hir militäreschen Mëttelen ze verstärken a mat der NATO zesummenzeschaffen. Sou soll Europa e militäreschen Aarm kréien, deen d'Interesse vu senger wichtegsten ekonomesche Gruppen iwwerall an der Welt verteidege soll. An ech géif soen, dass och dat näischt ze dinn huet mat den eigentlechen Interesse vun de Leit an Europa.

Dat sinn also déi Froen, déi dës europäesch Verfassung opwerft an där Form wéi se eis virgeluecht gi sinn. Si stelle sech, wann deen Entwurf, wéi en eis virgeluecht ginn ass, ouni ee Komma drun ze änneren vum Konvent ugeholl gi wier, an därselwechter Schäerft, si stelle sech grad esou en engem sou genannte Käreuropa a si stelle sech grad esou wann op d'Erweiterung vun Europa géif verzichten ginn; just an deem Fall géife nach eng Rëtsch vun anere Problemer dobäikommen an eng onstabil Situatioun an Europa. An ech sinn och d'accord wann den Här Juncker seet, dass et keen Zréck däréi ginn zu nationale Spillwisen.

Ech mengen awer och, dat heiten Europa ass dat vum Scheitere vun der Sich no engem gewësse Kompromëss an der Politik ouni der Gesellschaft dobause Rechnung ze droen. Déi Kompromësser déi haut méiglech sinn - dat huet de Konvent bewisen - ginn a kengem Fall duer, fir den Neoliberalismus ze stoppen. Wat duerfir haut prioritär erfuerdert ass, dat ass den Opbau eiser Meenung no vun enger Géigewier an der Gesellschaft a Richtung vun engem Europa vun der Demokratie, vun der Aarbecht, vun der sozialer Sécherheet a vum Friden.

An do ginn et erfreetlech Usätz a leschter Zäit, dat ass d'Entstoe vun enger breeder alternativer Globalisierungsbewegung, dat ass déi geschäerften Opmierksamkeet fir d'Friddensfro, dat ass d'Erëmopliewe vun de gewerkschaftleche Kämpf a ville Länner, wéi kierzlech an Italien géint d'Ugrëff op d'sozial Sécherheetssystemer, an ech fanne déi Usätz si méi wichteg a mengen Ae wéi d'Resultat vum europäesche Konvent; bei allem Respekt fir déi Leit, déi do wollte fortschrittlech Akzenter erabréngen.

An ofschléissend wëll ech soen, à contrecourant och zu all menge Virriedner, et wier besser mir hätte keng europäesch Verfassung wéi esou eng europäesch Verfassung, wéi mer se elo virgeluecht kritt hunn, bei där sou weeneg méiglech war, fir dran ze erreechen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Madame Renée Wagener freet nach d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.

4. Dépôt d'une motion

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech wollt eng Motioun deposéieren. Ech hat op dëser Plaz virun engem Joer, wéi mer iwwert de Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance geschwat hunn, zwou Motiounen agereecht, dovu war deemools eng ugeholl ginn an déi zweet war an d'Commission des Institutions verwise ginn. Mir hate virun engem oder zwee Méint eng ganz interessant Diskussioun an där Kommissioun, zesumme mat zwee Historiker, an ech hat deemools versprach ech géif meng Motioun adaptéieren en vue vun deenen Diskussiounen a vun deene Konklusiounen, déi mer och deemools an der Kommissioun konnten zéien.

Motion

La Chambre des Députés, considérant

- que presque soixante ans après la 2^e Guerre mondiale de nombreux cas d'enrôlés de force et de personnes déplacées luxembourgeois disparus - notamment en Europe de l'Est - restent non élucidés;

- qu'à côté de l'intérêt de la recherche scientifique sur la 2^e Guerre mondiale, il importe d'assister les personnes désireuses de faire des recherches personnelles sur le sort de leurs membres de famille disparus;

- que les fichiers historiques contenant des données sur les personnes déplacées et enrôlées de force existent dans différents pays sans avoir été soumis à une analyse plus systématique;

- qu'il existe notamment un fichier dans les services historiques de l'armée russe à Moscou contenant les dossiers de 1.342 personnes déplacées et enrôlées de force qui sont devenues prisonniers de guerre luxembourgeois;

- que les archives russes qui détiennent ce fichier sont entre-temps accessibles;

- que d'autres gouvernements d'États membres de l'Union européenne ont déjà procédé à des copies de dossiers analogues;

- qu'une mission dans ce sens avait été mise en marche par le Gouvernement luxembourgeois en 1994 dont le résultat principal fut la création d'un fichier informatisé avec les données retrouvées sur les Luxembourgeois;

invite le Gouvernement

- à rendre accessible aux personnes concernées les données recueillies en 1994 en les déposant au Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

- à créer au sein de ce centre un service d'assistance aux personnes désireuses de lever la voile sur le sort de leurs membres de famille disparus pendant la 2^e Guerre mondiale;

- à prendre les mesures nécessaires pour obtenir une copie des fiches du fichier russe concernant des Luxembourgeois en vue de recherches historiques futures;

- à mettre en place les instruments et les ressources humaines nécessaires à une traduction du russe et à une évaluation scientifique de ces dossiers;

- à procéder au regroupement systématique des données sur la 2^e Guerre mondiale concernant le Luxembourg qui peuvent exister dans les fichiers historiques d'autres pays;

- à contribuer ainsi au développement de la recherche scientifique sur la 2^e Guerre mondiale;

- à élaborer un projet de loi obligeant les administrations de l'État et des communes à conserver et à protéger leurs archives et réglant le transfert de ces données aux Archives nationales.

(s.) Renée Wagener, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Dagmar Reuter-Angelsberg.

Ech wier frou, Här President, wa mer dës Diskussioun kéinten a Präsenz vum zoustännegen Minister, dem Här Juncker, diskutéieren an och, hoffen ech, adoptéieren. Wéi gesot, et ass en Text, deen ech op verschiddeenen Punkten adaptéiert, an ech hoffen, verbessert hunn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Jaerling freet och nach d'Wuert fir eng Motioun.

5. Dépôt d'une motion relative au Projet de loi 5200 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och mer erlaben

nach eng Motioun hei ze deponéieren, well während de Budgetsdebatten, an net nëmmen do mä och am Zesummenhang mat der Tripartite, ëmmer hei gesot ginn ass, dass d'Tripartite dëst decidéiert huet an dass awer an deem Zesummenhang mat deenen Décisiounen besonnesch am Krankesewiesen de part et d'autre verschidde kontradiktorech Aussoe gemaach ginn, wou ee sech am Fong kee kloert Bild konnt maachen, wat dann elo do deen een oder deen anere mengt huet. An ech sinn der Meenung, dass am Zeeche vun der Transparenz an dass och déi Aarbechten, déi d'Tripartite gemaach huet, fir d'parlamentaresch Aarbecht wichteg sinn, dass dofir och soll den Deputéierten hei am Fong de Verbatim, vun deem wat an der Tripartite geschwat gëtt, zougestallt ginn.

Motion 6

D'Volleksvertriederkummer

- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der «Tripartite», op politesch Entschéedunge fest;

- hält zur Kenntnis, datt opgrond vun enger Décisioun an der «Tripartite» virgesi ginn ass, Gelder vun de Rentekessen un d'Krankesessen ze iwwerweisen an datt et sech dobäi insgesamt ëm eng Zomm vun 130 Milliounen Euro handele soll;

- condamnéiert, datt d'Volleksvertrieder nëmmen indirekt iwwert d'Entscheidungsofleef an der «Tripartite» an d'Motivatiounen vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn;

- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, wéi och d'Begrënnung vun den Décisiounen an der «Tripartite» nëmme op Héieresoe berouen a soumat allze oft widderspréchelech sinn;

fuerdert d'Regierung op

- jiddfer Volleksvertrieder de Verbatim vun de jeeweilegen Tripartiteséitzungen zoukommen ze loos-sen.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.

M. le Président.- Ier mer iwwert d'Motiounen diskutéieren an ofstëmmen, schléisse mer nach d'Diskussioun vu virdu vun der Erklärung vum Här Statsminister a vun der Madame Ausseministesche.

Da kéime mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Fortsetzung vun der Debatt iwwert de Budget vum Joer 2004. Do huet den Här Budgetsminister Luc Frieden als Éischten d'Wuert gefrot, wat hien heimadder dann och kritt. Den Här Frieden huet d'Wuert.

6. 5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004 (suite)

5255 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à émettre en 2004 un ou plusieurs emprunts

Discussion générale

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Woch hunn hei 27 Kollege bis elo zum Budget geschwat a mat villes, vun deem wat gesot ginn ass, kann een domat d'accord sinn, mä villes och vun deem wier ze korrigéieren, wier riicht ze stellen, wier ze nuancéieren. Dir verstitt, dat och weinst der europapolitescher Diskussioun, déi mer elo haten, et zu dësem Zäitpunkt net

méiglech ass op déi 27 Interventionen anzegoen an ech géing mech duerfir a menger Reaktioun op dat, wat déi lescht Woch hei gesot ginn ass, op e puer fundamental Commentairé beschränken.

De Spriecher vun der sozialistescher Aarbechterpartei huet hei déi lescht Woch gesot, d'Diskussioun iwwert de Budget wier keng Froestonn un d'Oppositioun; an dat ass richtig. Et ass eng Diskussioun iwwer e Projet, deen d'Regierung virleet. An dach hunn ech mech gefrot, währenddeem ech deene Riedner nogelauschtert hunn, a virun allem de Riedner vun der Oppositioun, déi de Budget kritiséiert hunn, sou wéi dat bei all parlamentaresch Oppositioun geschitt, wéi hätte si de Budget gemaach? Wéi hätt d'LSAP, wéi hätten déi Gréng, wéi hätt den ADR dem Land dëse Budget, wa si an der Responsabilitéit gewiescht wieren, virgestallt? Wa se soen, de Konsumbudget geet ze héich erop, hätte si de Sozialbudget vum Stat gekierzt? Hätte si manner Investitiionsausgabe gemaach wéi déi massiv Investitiionsausgaben, déi d'Regierung proposéiert huet?

Ech muss lech soen, dass ech dat net weess an datt ech aus all deenen Aussoe vun de Spriecher vun der Oppositioun keng kloer Alternativen zum Budgetsprojekt, deen d'Regierung virgeluecht huet, héieren. Et sinn eng Rei Pisten opgezeechent ginn, et sinn eng Rei Behauptunge gemaach ginn an och op déi wëll ech zum Deel zréckkommen.

D'Kollege vun der grénger Fraktioun hu gesot, si hätten déi Steuerreform, déi massiv Steuerreduktioun vun de leschte Joren, net esou gemaach, si hätte se anescht gemaach, si hätte se manner gemaach, si hätte se méi selektiv gemaach, voire en engem anere Moment.

D'Regierung ass a bleift der Meenung, datt déi Steuerreform wichteg war an datt se grad um richtige Moment gemaach ginn ass. Wichteg a richtig fir d'Betriber an d'Aarbechtsplazen, well se dozou bäigedroen huet, andeem mer de Kierperschaftssteiersaz erofgesat hu vun 30 op 22%, datt mer d'Konkurrenzfähigkeit vun eise Betriber erhalen hunn, besonnesch an engem haarde Match vu Konkurrenz mat den Entrepreneuren aus den Nopeschläner.

Mir hunn dat net gemaach, wéi den Här Bausch gesot huet, weinst den Accorde vu Feira, dat huet näischt domadder ze doen, dat hat domadder ze doen, datt mer wollten hunn, datt d'Betriber Suen hätten, fir kënnen ze investéieren, datt d'Betriber genuch Suen hätten, fir net brauche bei den Aarbechtsplazen ofzebauen an dofir war déi Steuerreform, déi eis un d'Spëtzt gesat huet vun den attraktive Wirtschaftsstanduerter an Europa, wichteg fir d'Leit, déi am Land schaffen.

Datselwecht gëllt fir déi massiv Steuerreduktioun bei de Privatpersounen, bei de physische Persounen. D'Leit hunn duerch déi Reduktioun vill méi Netto am Portmonni, kënnen méi konsuméieren, kënnen domadder d'Ekonomie undreiwien a kënnen hire Liewensstandard verbessern.

Et ass bewosst esou gemaach ginn, datt duerch déi Steuerreduktioun, déi mer an zwou Etappen am Ufank vun dëser Legislaturperiod gemaach hunn, zum Beispill eng Famill, eng Koppel mat zwee Kaner déi 50.000 Euro d'Joer verdéngt, 2 Milliounen Frang, 50% manner Steieren haut bezitt pro Joer, wéi dat virun dräi Joer de Fall war. Dat war eng bewosst Politik, déi dozou bäigedroen huet, fir dass d'Leit hei am Land kënnen, och duerch dat, wat se méi am Portmonni hunn, méi ausginn, voire fir der Ekonomie massiv ze hëllefen. A Leit déi 35.000 Euro verdéngen, 1,4 Milliounen al Lëtzebuerger Frang, déi bezuelen 100% manner

Steieren, well déi bezuelen haut null Frang Steiere par rapport zu deem wat se virun dräi Joer bezuelt hunn. Dat war also eng bewosste Politik a mir mengen, datt déi och haut, contrairement zu deem wat de Spriecher vun der grénger Fraktioun gesot huet, um richtige Moment komm ass.

D'Kolleege vun der sozialistescher Partei hu sech driwwer beklot, datt d'Konsumausgabe géingen eropgoen an d'Investitiionsausgabe géingen erofgoen. Déi Ausso an déi Behauptung ass falsch. Och déi Tableauen, déi hei gewise gi sinn, entspriechen net der gesamter Realitéit.

Well wann een d'Investitiionsausgabe kuckt, wann een dat kuckt, wat een am technesche Jargon „Dépenses en capital“ nennt, wat dat ass, wat de Stat direkt selwer baut, wou e selwer investéiert, plus déi Suen déi en ausgëtt wou en enger Investitiionsstategie deelheält, zum Beispill bei engem Spidol, wou mer 80% contribuëieren, wann een also d'Gesamtdépenses en capital hält, da gesäit een, datt déi am Joer 2004 par rapport zum Joer 2003 ëm 8,5% klammen. A wann ech dann zwou Legislaturperiode matenee vergläichen, dann ass et esou, datt en moyenne d'Investitiionsausgaben, d'Dépenses en capital an där viregter Legislaturperiod ëm 4% geklomme sinn, an an där Legislaturperiod ëm 16% geklomme sinn. Domadder ass widderluecht, datt d'Investitiionsausgabe géingen erofgoen. Si ginn erop, an ech hannerleeën och lech, Här President, herno déi Tableaue mat deene konkrete Chifferen, fir datt jiddereen, dee sech fir déi Chifferen interesséiert, et gesäit.

D'Konsumausgabe ginn och net erop, contrairement zu deem wat gesot ginn ass. Par rapport zu de Gesamtausgabe vum Stat bleiwen d'Konsumausgabe bei 28%. An den 90er Jore waren se oft ronderëm 30, voire iwwer 30%, si bleiwen also och do op deem nämlechen Niveau par rapport zu de Gesamtausgabe vum Stat, voire liicht drënner.

An déiselwecht, déi kritiséiert hunn, nämlech d'Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun, datt d'Konsumausgaben ze héich wäeren, ouni eis ze soe wat fir eng Konsumausgabe si dann net géingen tätegen, proposéieren dann ënner anerem, zum Beispill fir den öffentlichen Transport gratis ze maachen. Iwwer esou Iddië kann ee selbstverständlech diskutéieren, mä awer net am nämlechen Otemzuch wéi een eis seet, datt d'Konsumausgaben ze héich wäeren. Ech soen lech zum Beispill, datt d'Recetten aus dem öffentlichen Transport, déi sécherlech nëmmen e ganz klengen Deel duerstellen, well de Gros gëtt vun der öffentlichen Hand finanzéiert, maachen ëmmerhin 21 Milliounen Euro aus. Huet een also en total Gratistransport, da muss een och soe wéi een dann déi 21 Milliounen Euro géing opdreiwien, respektiv wat een net géing maachen, fir déi Suen ze fannen.

De Spriecher vum ADR huet hei an deem him gewinnene Stil vun engem Trickinicki-Budget geschwat. Dat kënnt sécher bei verschiddene Leit gutt un, déi da mengen: Wat ass dann an deem dote Budget geschitt? An dofir hätt ech gären, datt wann een esou eppes seet, besonnesch wann een esou Termen an engem Parlament gebraucht, datt een och kuckt mat wat fir enge Punkten dat dann ënnerluecht gëtt, respektiv fir wéi onnovollzéierbar oder fir wéi inkompetent een d'Leit dobaussen hält.

De Spriecher vum ADR seet, hei sinn Tricke gemaach ginn an trotzdem ass de Budget am Defizit, an da gi Beispiller zitéiert. Do wär en Emprunt opgeholl ginn, an do géing en Emprunt opgeholl gi vun 120 Milliounen fir zwee Fongen ze speisen, nämlech de Stroossebau-fong an de Schinne-fong. Dat ass

keen Trick, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dat an aller Transparenz gesot. Well mer an enger schwiereger finanzieller Lag sinn, fanne mir, datt fir laangfristeg Projeten et normal ass, datt ee ka Sue léine goen, fir déi ze finanzéieren. Dat ass absolut keen Trick, dat ass eng virsiichteg virausschauend Politik, besonnesch wann et fir esou Infrastrukturen ass.

Da gëtt gesot, d'Akzisen um Benzin ginn ëm 7 Cent pro Liter erop. Dat ass keen Trick, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hu gesot, mir hu méi Ausgaben an där schwiereger ekonomescher Zäit am Fonds pour l'Emploi, fir d'Aarbechtslosenentschiedegungen ze bezuelen. Also musse mer kucke wéi mir zousätzlech Recettë kréien an der Solidaritéit vun de Leit hei am Land mat deenen, déi keng Schaff hunn. Dat ass also keen Trick, dat ass eng bewosste Politik, déi net agréabel ass, mä déi mir maachen, fir datt mer all deenen Obligationen, och grad am Sozialbudget, kënnen kommen.

Da gëtt gesot, déi Häre Juncker a Frieden hu Problemer am Budget, an dofir gi se Suen an d'Pensiounskeese siche fir d'Krankekeesen ze sanéieren. Dat huet näischt mam Statsbudget ze doen, dat huet eppes ze doe mat Beschless, déi geholl gi sinn, eemoleg Beschless, fir eng Situatioun an de Krankekeesen, déi mat Invalidésituatiounen ze dinn hunn. Dat ass also keen Trick. Et ass gesot ginn, dat hei ass en truquéierte Budget.

(Interruptions diverses)

Dir hutt gesot, hei ass e Budget mat Tricken opgestallt ginn, an ech wëll lech hei soen, dat huet absolut iwwerhaupt näischt mam Statsbudget ze doen, an d'Leit am Land, déi de Statsbudget liesen, mierken, datt keng Suen aus de Pensiounskeesen an de Statsbudget fléissen.

Als Trick huet den Här Gibéryen weider gesot, mir géingen e Gebai um Kierchbiërg verkafen. En huet vum Robert-Schuman-Gebai geschwat, et ass zwar d'Konrad-Adenauer-Gebai, dat ass awer egal, mä dat ass fir lech d'Onprezisioun ze weisen. Dat ass keen Trick. Dat ass eng gutt iwwerluechte Politik, well et ass besser déi europäesch Institutiounen si selwer Propriétaire vun hire Gebaier. Dat festegt se zu Lëtzebuerg a si kënnen och selwer fir hir Gebaier suergen. Et ass keen Trick wann een also e Gebai verkeeft an aller Transparenz, an dem Parlament dat seet.

Dëst ass also unhand vu véier Beispiller gewisen, datt ënnert deem Schlagwuert, wat gutt klängt a priori, mä wann een et hannerfreet, da gesäit een, datt hei net e getricktene Budget ass, mä datt e Budget an aller Transparenz no klore Regeln an no iwwerluechten Handlungen opgestallt ginn ass.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir kënnt eis och nach vläicht iwwert den Trick vun der TVA schwätzen, déi Der net zréckbezuelt hutt!

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - Am Kader vun deene Budgetsdebatten ass och gesot ginn, dës Regierung gebraucht elo all d'Reserven op, kuckt hire pluriannuellen Investitiionsprogrammer da vun deene leschte Joren ausgesinn, an dann ass duerno näischt méi do.

Ech hunn - an och deen Tableau deenen ech lech aus an iwwerginn lech deen herno, Här President - gekuckt wéi déi pluriannuel Investitiionsprogrammer da vun deene leschte Joren ausgesinn, och an där viregter Legislaturperiod. An do stellt ee fest, datt wann déi pluriannuel Investitiionsprogrammer esou presentéiert gi sinn an opgestallt gi sinn, dann ass um Enn vun deem Fénnefjoresplang all Kéiers vill manner do gewiescht als Avoiré vun de Fongen an deem wat mir ausgedeelt hunn wéi dat wat mir fir 2007 virgesinn. Well 2007, wa mer dee ganz ambitiësen Investitiionsprogram esou exekutiere wéi mer gesot hunn, dann hu mer nach

ëmmer ronn 200 Milliounen Euro als Avoiren. Ech soen lech zum Beispill, datt am pluriannuelle Programm vun 1994-1998 ware fir 1998 nëmmen nach 40 Milliounen virgesinn, an an deem, dee mer fir dat Joer duerno gemaach hunn, esouguer nëmmen nach 30 Milliounen.

Mir hunn also wuel gekuckt, datt mer elo kënnen deen héijen Investitiionsvolumen, deen ech lech virdu gesot hunn, dee massiv geklommen ass, tätegen. Sécher gebrauche mer eng Rei Reserven, mä mir maachen dat net anescht wéi déi Kéiere virdu, respektiv mir hunn um Enn vun där Period, also 2007, nach méi an den Avoiré wéi mir dat an deene viregte Programmer haten.

M. Alex Bodry (LSAP). - Mir haten awer elo dräi Krisejoren!

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - An trotzdem hu mer herno méi!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Minister, déi Tableauen, déi am Rapporteur sengem Rapport sinn, stëmmen déi dann net? Well den Här Krecké huet hei déi Tableauen aus dem Rapport virgestallt.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - Neen, Dir schwätzt elo vun den Investitiounen. Déi Tableauen, déi den Här Krecké ausgedeelt hat oder respektiv déi, déi um Écran waren, dat sinn Investitiionsausgaben, mä net Dépenses en capital, wat also dat ass, wat de Stat direkt investéiert, plus dat wou en eng Participatioun bezillt. Dofir hat ech d'Beispiller genannt vun de Spideeler oder Altersheimer, wou mer 80% ginn, a wann een d'Dépenses en capital kuckt, da soen ech et nach eng Kéier, déi sinn an der viregter Legislaturperiod en moyenne ëm 4% geklommen, an an där Legislaturperiod ëm 16%. D'Investitiionsausgabe ginn erop a si ginn och erop am Joer 2004 par rapport zu dem previsionelle Kont vun 2003. Dat sinn d'Chifferen, dat si Faiten, dat kann een hei net widerleeën.

Eng aner Prezisioun, wou ech wëll drop zréckkommen, no deene generellen hei, ass dat wat de Spriecher vun der sozialistescher Partei gesot huet a punkto Finanzplaz, wat e wichtege Secteur vun der Lëtzebuurger Economie ass, a selbstverständlech eng wichteg Einnahmequell vun dem Lëtzebuurger Stat. Hei ass gemaach ginn, wéi wann déi Finanzplaz net méi géing fonctionnéieren dank enger Iwwerréglamentatioun, wéinst enger falscher Politik.

Ech muss feststellen, datt d'Zuel vun deene Gesetzer, déi mer an där Legislaturperiod, fir d'Finanzplaz ze konsolidéieren an ze diversifizéieren, ugeholl hunn, Fongen, d'Pensiionsfongen, eng ganz Rei technesch Projeten dozou bruecht hunn, datt eis Finanzplaz haut, trotz schwieregstem internationalen Umfeld, op eng kompetitiv Aart a Weis staark an Europa ass. Mir hunn net méi Reglementéierung gemaach. Mir hunn an enger Matière méi Reglementéierung gemaach, an dat ass déi, wou héchstwahrscheinlech den Här Krecké ouni se ze nennen dovu geschwat huet, datt ass am Kampf géint d'Geldwäsch a géint de Finanzement vun Terrorismus. An allen anere Matièreën hu mer e klore juristesche Kader gesat, fir datt déi Finanzprodukter kënnen hei op eng seriö Aart a Weis vermaart ginn.

Ech stellen och fest, kuerz nodeem den Här Krecké geschwat huet, schreift zum Beispill d'„Neue Zürcher Zeitung“ den 11. Dezember: „Die Vorbranche zieht es nach Luxemburg.“ Den Artikel geet un:

„Die Luxemburger scheinen die Nase wieder einmal weit vor den europäischen Konkurrenten zu haben.“ Dat soen net mir, dat soen international Zeitungen.

(Interruptions diverses)

An de Stëmmungsbarometer, deen op der Finanzplaz selwer gemaach ginn ass, och den 11. Dezember, do ass d'Iwwerschrëft gewiescht an enger Zeitung, déi Dir besser kennt, Här Bodry, wéi mir, d'„Tageblatt“: „Am Finanzplatz kommt wieder Hoffnung auf“, well ebe just de Kader, dee gemaach ginn ass, deen ass, deen een huet misse maachen.

Dofir huet d'Regierung och an den Amendementer, déi de Mëtteg hei diskutéiert ginn, proposéiert, an dat hat ech d'lescht Woch schonn ugeschwat, fir e ganz spezifischen Typ vun Investitiionsfongen, d'Taxe d'abonnement, op null ze setzen, grad fir datt mer Konkurrenzfaeg par rapport zu aneren Zentren, wéi zum Beispill Irland sinn. Dat maache mer also fir nei Aktivitéiten an domat nei Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg ze kréien. Et ass dat also och do eng Ausso, déi widderluecht ass.

Ech si frou, datt mer Unanimitéit am Parlament hunn.

(Interruption)

Dann dierf een net soen, duerch d'Aktioun vun der Regierung wäert d'Finanzplaz geschwächt ginn. De Contraire ass de Fall. A wann d'Oppositioun dat mat ënnerstëtzt, da si mer op enger Linn, da brauch een net doriwwer ze streiden.

M. Alex Bodry (LSAP). - Mir haten den Text als Éischt eraginn, Här Minister!

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - „Gouverner, c'est prévoir“...

M. Alex Bodry (LSAP). - Da muss een dat och a senger Ried soen, an net maache wéi wann näischt virgeleeën hätt.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - „Gouverner, c'est prévoir“, huet d'lescht Woch ee gesot, an ech mengen et waart Dir, Här Bodry, an ech muss lech soen, datt mir déi Meenung deelen. Et ass genau dat, wat mir an deene leschte Joren an der Finanzpolitik gemaach hunn.

Well mer wollten op déi schwiereg Zäite preparéieren, hu mer Reserven ugeluecht. Et huet een hei d'lescht Woch gesot, ech mengen et war den Här Gibéryen, et hätt jo ni een eppes géint déi Plus-value gehat. Sécher! Et hat keen eppes géint d'Plus-valuen, mä do wou den Dissens war, dat war, datt der gesot hunn, mä d'Regierung soll déi Suen direkt ausginn, well se hätt nach 100 Projeten, déi se kënn maachen. Mä mir hunn d'Zukunft preparéiert an hu gesot, mir leeën déi Suen op d'Säit.

Alleng an de Joren 2000 an 2001 hu mer d'Avoiré vun de Fongen, déi Suen, déi mer brauche fir ze investéieren, ëm 1,4 Milliarden Euro zousätzlech gespeist. 1,4 Milliarden Euro an de Joren 2000 an 2001! Dat ass, wat mir gemaach hunn: „prévoir“. Hätte mer se nämlech deemools ausginn, da wäre se lo net do, an déi, déi deemools dofir plädéiert hunn, déi wëssen dat ganz gutt.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

An ech soen och, um Enn vun där Legislaturperiod trotz all deene Projeten, déi mir gemaach hunn, hu mer gesond Reserven, déi um nämlechen Niveau si wéi um Ufank vun der Legislaturperiod. Mir hunn also net d'Suen all dropgemaach an „après nous le déluge“, wéi och heibannen ee vun den Oppositiounspolitiker gesot huet, well hätte mer dat gemaach, dann hätte mer déi Suen ausginn, an da géinge mer op deen Niveau zréckfale wou mer 1994 oder an den 80er

Jore waren a sécher anere wirtschaftlechen Zäiten. Mir hunn dat net gemaach. Mir wollten dat net. Mir hunn déi gutt Jore gebraucht, fir iwwert déi schwiereg Joren elo besser ewechzekommen.

Datselwecht gëllt fir eis Schold. Eis Schold ass 1.000 Euro pro Awunner. Eis Gesamtschold ass historesch niddreg, a grad dat erlaabt eis haut, fir fir laangfristeg Projete Schold opzehuelen, wéi am Schinnebau, wéi am Stroossebau, mä net fir den normale Budget. Mir hu manner Schold haut wéi mer där am Ufank vun der Legislaturperiod haten.

Mä wann ech dat soen, dann ass dat, well ech gären en objektivt Bild hätt iwwert d'Fundamenter vun de Lëtzebuurger Statsfinanzen. Mir maachen dat net, wéi Verschidder gemengt hunn, notamment d'Kolleege vum ADR, fir Schönfärberei ze maachen. Souwuel de Stats- a Finanzminister wéi ech selwer an eiser Ried d'lescht Woch hunn x-mol drop higewisen, datt d'Situatioun extrem eescht ass, an datt mer eng éischte Kéier och müssen an där Legislaturperiod en Defizit maachen, datt mer musse fir laangfristeg Projete Sue léine goen. An da kann een net soen, mir géinge soen, hei wär guer keng schwierig Situatioun. Et ass also net, datt mir maache wéi den däitsche Finanzminister, a virun de Wahlen soen, et wär alles an der Rei an no de Wahlen ass et dann net an der Rei. Mir soen haut: D'Situatioun ass äusserst schwierig.

Ech soen lech nach eng Kéier, datt keen herno ka soen, dat war anescht gesot ginn, datt fir 2003 mer bei de Steieren, esouwäit een dat haut ka gesinn, plus ou moins do si wéi mer d'lescht Joer gesot hunn, sauf zum Beispill bei der Kierperschaftssteier, der Taxe d'abonnement, déi direkt mam Boursséggeschäft zesummenhängt.

Mir müssen also wëssen, datt d'Situatioun net déiselwecht ass wéi an der Vergaangenheet. D'Konsequenz awer dovunner, fir elo ruck zuck dee ganze Budget iwwert d'Kopp ze geheien, de Sozialbudget ze kierzen, bei de Bauprojeten an der Mëtt dann opzehalen, dat wär eng Politik, déi net justifiéiert wär, dat wär eng irresponsabel Politik. Déi, déi de Budget kritiséiert hunn, müssen eis da soe wéi.

(Interruptions)

Eng Strooss zum Beispill, déi iergendwou higee. Et hätt ee kënnen d'Nordstrooss, Här Bodry, vläicht net an hirer ganzer Extensioun maachen an deem Zäitkalenner, dee virgesinn ass. Et ass ee Beispill vu villen. Et kann een décidéieren, datt een en Tunnel elo net baut, spéider baut oder ni. Bei Bauprojeten, déi mir heibanne gestëmmt hunn, hätt ee kënnen soen, deen dote Projet maache mer elo net.

Mir hunn net egal wéi geplangt. Mir hunn dat, wat mer virgesinn hunn, finanziell ofgedeckt, an dat ass dee Message, deen ech hei nach eng Kéier wëll confirméieren, an dat sinn déi Chifferen, déi mir lech ginn. Mir hunn net op Puff gebaut, mir hunn op Reserve gebaut, déi mir op d'Säit gesat hunn. Esou muss ee Projete plangen, well d'Projeten, déi ginn ni an engem Joer realiséiert.

Mir kommen trotz schwieriger Situatioun besser iwwert d'Ronnen, well mer virgesuergt hunn, an dofir soen ech nach eng Kéier - och no deenen Diskussiounen vu 27 Riedner vun der leschter Woch, wou déi, déi kritiséiert hunn, net gesot hunn, wéi si et da gemaach hätten, wou si geschnidden hätten - de Budget vun 2004 dréit där äusserst eeschter Finanzsituatioun an der internationaler Economie Rechnung. Et ass e responsabel Émgoe mat de Statssuen. A wann ee wéi gesot kuckt, wat mir um Enn vun der Legislaturperiod hunn an et vergläicht een et mam Ufank vun der Legislaturperiod, da kann ee Konklusiounen zéien en toute ob-

jectivité opgrond vun deene Chifren, déi mir virgeluecht hunn. Mir hunn och kurzfristig gehandelt, well mir hunn de Budget nëmmen ëm 2% wuesse gelooss. Inflationensberengengt ass dat quasi e Stëllstand vun den Ausgabe vum Stat.

Wat maache mer, wann d'wirtschaftlech Reprise net kënnt? Dat ass dat, wat an deenen nächste Joren ze kucken ass. Da mussen mer op allen Dépensékatégorien, net am Zickzack an net a Panik, iwwert déi nächst Jore lues zrëckfueren. Dat hunn ech d'lescht Woch gesot. Ech hu gesot, mir kënnen net an deem héijen Investitiounsvolumen iwwert déi nächst Jore blieden, müssen all aner Ausgaben och lues zrëckfueren an dee Moment kucken.

(Interruption)

Wann d'Reprise économique kënnt, déi allgemeng dorëmmer ass, dann trëtt dat héchstwahrscheinlech an engem staarke Mooss net an. Mä ech soen, wann et antrëtt, och dann dierfe mer dat net direkt an engem Moment maachen. Ech soen: Wann et antrëtt, da muss een.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir hutt näischt douce zrëckgefuer.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Leetlech d'Budgeten eng kéier allegueren nienteneen.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'Dépenses courantes ginn ëm 5% an d'Luucht. Dat ass net douce zrëckgefuer!

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- D'Dépenses de consommation bleiwe bei 28% vun der Gesamtausgabe vum Stat. An den 90er Jore waren se ëmmer bei 30%. D'Croissance vum Budget ass 2%. An deene leschte Jore war se ëmmer 6 bis 7%.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'Dotatiounen vun der Fong ginn ëm 18% erof.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Ech hunn lech gesot, datt opgrond vun deem, wat mer als Reserven 2000 an 2001 op d'Säit geluecht hunn, mer momentan an den Dotatiounen un d'Fong lues kënnen eroffueren. Deen, deen am Betrib schafft, deen hätt gären, datt d'Rechnung vum Betrib bezuelt gëtt, datt e ka weiderschaffen, datt e ka weiderbauen, datt d'Ekonomie ka weider dréinen, an datt e weess, datt seng Rechnung vum Stat bezuelt gëtt. Dofir soen ech, d'Situatioun ass schwierig. D'Beispill Taxe d'abonnement hunn ech virdru genannt, d'Kierperschaftssteuer. Mä enger virsiichteger mëttelfristeger wirtschaftlecher Croissance Rechnung droend, an op eiser zolider Reserverpolitik an Erfahrung opbauend, packe mir et net nëmmen 2004. Konsequenz muss ee mat där virsiichteger Politik virufueren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir kommen zur Diskussioun iwwert de Rapport complémentaire vum Här Jean-Marie Halsdorf zum Statsbudget. Am Kader vun deem Budgetsprojert behandle mer ebenfalls de Projet de loi iwwert d'Statsemprunten. Den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget relatif au projet de loi 5200

Rapport de la Commission des Finances et du Budget relatif au projet de loi 5255

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech soll haut zum Ofschloss vun der Budgetsdebatten de Rapport complé-

mentaire vun der Finanzkommission zum Budget 2004 maachen.

Wann ech d'Diskussiounen esou zrëckkucken, hunn ech d'Gefill, datt dese Rapport a manche Reien déi néideg Unerkennung fonnt huet, fir datt doraus déi néideg Konsequenz kënne gezu ginn. Den Eescht an d'Dimensioun vun der Problematik schéngen erkannt. Schwarzmolerei gehéiert zum politesche Spill, grad sou wéi zum Beispill iwwerdrifwe Formulierung vum Typ „après nous le déluge“. Ech menge bei esou Spille reien an Appréciatione maachen eis Matbiirger, erlaabt mer d'Expressioun, „la part des choses“. Wichtig ass, dass de Message verstane gëtt, dass mer allegueren esou Politik maachen, dass déi grouss zukünfteg Erausforderungen europawäit, regional a lokal kënne verschafft ginn, esou dass mer weider eise Rôle, eise Stelleväert an der EU an an der Welt kennen assuréieren. Ech erwaarde mer, dass e Ruck duerch eis Gesellschaft geet, an dass net nëmme politesche Kalkül um Programm steet.

Ech kommen elo zum Rapport complémentaire als solchen. Den ekonomesche Kontext huet sech an de leschten Deeg zënter der Presentatioun vum Budget 2004 net verännert, och wann den Échec vum europäesche Konvent zu Bréssel vill Froen opwerft, och wann d'Festhuele vum Saddam Hussein dem Terroristevirus eng Nidderlag zoufëgt, wou awer och gewosst ass, dass esou Liewewiese sech nees ganz schnell répliquéieren, ouni dass een dat onbedéngt mierkt. Déi kurent Recettë vum Budget ginn an der amendierter Versioun net méi 2,28%, mä nëmme méi 0,99% zrëck. Déi kurent Ausgabe gi vu 5,08 op 5,22% erop par rapport zum gestëmmte Budget vun 2003. D'Kapitalrecettë ginn ëm 14,09% erop, d'Kapitalausgabe ginn ëm 19,42% erof, dat alles par rapport zum gestëmmte Budget vun 2003.

Déi viraussichtlech Recettë sinn also folgend, si ginn am Ganzen ëm 2,5 Milliounen erop: d'Kollektivitéitssteuer minus 50 Milliounen op 1,1 Milliard, d'Gehältersteuer plus 20 Milliounen, d'Vermögenssteuer plus 20 Milliounen, d'Einnahme vun der UEBL Douane an Akzise plus 30 Milliounen, d'Taxe d'abonnement minus 25 Milliounen, a last but not least d'TVA plus 80 Milliounen, hei si jo AOL an Amazon net ganz onschëlleg dorunner. Global gekuckt leien des Plus- a Moinsvaluen an deenen Tendenzen, déi och am schrëftlechen an am mëndlechen Rapport opgefouert goufen. Et mécht also net vill Sënn, des Variatiounen haut nach eng kéier ausféierlech ze kommentéieren.

Aus deem Zuelecocktail huet sech erginn, dass den Emprunt ëm 80 Milliounen erofgesat konnt ginn, wouraus jo dann de Budgetsdefizit nëmme méi bei 84,2 Milliounen géint 87,9 Milliounen virdru läit, an och weider nach iwwert d'Réserve budgétaire finanziert gëtt. Nei ass awer, dass d'Sue vum Emprunt ausschliesslech a laangfristeg Investe, dat sinn also an deem Fall d'Bunn an d'Strooss, erafléissen, wat jo dem Geescht aus den Avisé vu ville Berufskummeren, an och vun der Cour des Comptes entsprécht. Et muss een och nach ervirsträichen, dass d'Amendement vum der Regierung méi déif si wéi d'Provisiounen vun zwielef Milliounen Euro, déi am Originalbudget virgesi waren. Bei den Dépenses courantes huet d'Prudence gespillt. Dës sinn iwwerhaapt tëschent 2000 an 2004 relativ lues geklommen, an zwar manner schnell wéi d'Investitioun an där Zäit.

De Budgetsdefizit bleift nach wäit vun 3% ewech, déi am Stabilitéitspakt stinn. D'Verschëldung vum Stat läit bei 1,8% vum PIB, an d'Finanzkommission distanzéiert sech weider zu den Theorien déi behaupten eisen Defizit wär bei

3,7% vum PIB. Ech maachen nach eng Klammer op hei: Hei bleift och feststellen, dass déi meisten Zuelen an Tendenz vum der Lëtzebuerger Zentralbank och näischt fundamental aneschtens viraussoe wéi dat wat am schrëftlechen Rapport zum Budget steet.

Elo e puer Kommentaren zu eenzelnen Artikelen vum Budgetgesetz. Hei verweisen ech och op de schrëftlechen an de mëndlechen Rapport an de Rapport complémentaire. Fir d'alleréischten den Artikel 1: Dësen hält wéi all Joer déi definitiv Betrag vu Recetten an Ausgabe fest. Am Artikel 2 ginn d'Steiergesetze verlängert. Am Artikel 3 ginn d'Koeffizienten vun der Akommessteuer festgeluecht, an dës geschitt nëmmen all zwee Joer. Dës Koeffiziente spillen och beim Festleeë vum Loyer a beim Kapitalinvest eng Roll. Gesetzlech ginn d'Loyeren awer an engem Dräijoresrhythmus festgeluecht, wouduerch Diskordanzen an der Réévaluation vum Loyer par rapport zum Kapital entstinn. Sollt d'Législatioun iwwert de Loyer iwwerkuckt ginn, misst den Terme vun der Adaptatioun vun der Loyere mat deem vun der Réévaluation vum Kapital iwwertene gestëmmt ginn.

Den Artikel 7, wou et ëm d'Akzise geet, huet och missen amendéiert ginn. Dee leet verschidde Sätz vum Tubak fest, wou notament den Tabac à fumer fir d'Zigarette vu 36% op 31,5% fixéiert gouf; den éischten Taux war nämlech falsch agedroen. Da kommen ech zum Artikel 8 an zum neien Artikel 9. An dësen Artikelen ginn d'Taxe fir d'Energie festgeluecht. Am Artikel 8 geet et am Besonneschen ëm d'Taxe fir d'Elektresch, an am Artikel 9 geet et ëm de Verbrauch vu Gas, wou eng nei europäesch Direktiv, an zwar d'Direktiv 2003/96/CE ëmgesat gëtt. An des Direktiv leet d'Minimalsatz fir Energieträger wéi Gas, Kuelen oder Elektresch fest. Hei gëtt et och Iwwergangsbestëmmungen, déi mir hei zu Lëtzebuerg applizéieren, esou dass de Saz fir Heizgas hei zu Lëtzebuerg op null Akzise fixéiert gëtt, dee fir LPG-Gas vun den Autoe gëtt op fënnf Euro pro Gigajoule fixéiert.

Zum Artikel 10, wat virdru den Artikel 9 war, ass festzehalen, dass an deem d'Contribution sociale fir an den Aarbechtsfong festgeluecht gëtt, an zwar op 70 Euro pro 1.000 Liter. Duerch des Eropsetzung gëtt den Impakt vun der Contribution sociale méi héich wéi dee vun der Solidaritéitssteuer am Speise vum Beschäftigungs-fong.

Et ass och déi éischte kéier wou dat esou ass, an dofir werft de Statsrot d'Fro op, ob déi verschidde Finanzquelle vum Beschäftigungs-fong net d'selwecht misste behandelt ginn am Kontext Budgetsrecht. D'Solidaritéitssteuer gëtt nämlech iwwert den ordinäre Budget verrechent, déi sou genannte Sozialcontribution, also d'Contribution sociale, steet awer am Budget pour ordre. An den aneren EULänner awer gëtt d'Aarbechtslosgheet exklusiv iwwer Cotisatiounen finanziert. Dës Finanzquelle fënnt een also an deene Staten net am ordinäre Budget erëm, wou dat bei eis awer iwwert d'Solidaritéitssteuer nach ëmmer am ordinäre Budget steet. Et stellt sech also d'Fro, ob hei zu Lëtzebuerg par analogie, well mir jo eis budgetär Performancen no deeneselwechte Kritäre mussen opstelle wéi déi aner Staten, net déiselwecht Logik sollt spillen, dat heescht mir missten och d'Solidaritéitssteuer aus dem ordinäre Budget eraushuelen. Dës misst natierlech juristesche ofgekläert ginn.

Zum neien Artikel 12: Hei sollen déi institutionell Geldfong vum der Taxe d'abonnement ausgeschloss

ginn, des beleeft sech jo op 0,01%. Dës Initiativ schéngt logesch, well heideruech eventuell verschidde Fonge weider zu Lëtzebuerg blieden. Tatsächlech huet vun deenen zéng gréissten europäeschen Investfong-Leadere just nach een hei zu Lëtzebuerg seng institutionell Fongen domiciliéiert. Dobäi hunn des Gesellschaften awer déi aner Fonge bei eis domiciliéiert. Dës Démarche mécht also Sënn, well am Kader vun eventuellen ausstehende Fusiounen an der Finanzwelt kéinten eventuell Restrukturatiounen kommen, déi sech negativ géint d'Lëtzebuerger Finanzplaz a géint d'Fongplaz ausriichte kéinten. D'Chamber schéngt och des Appréciatioun ze deelen, an hofentlech huet des nei Moossnam déi richteg Signalwirkung an deem komplexe Beräich.

Ech kommen zum Artikel 16, Artikel 14 virdru. Hei gëtt de generelle Prinzip, „keng permanent Aarbechtsplaz ze schafen am Joer 2004 ausser wann eng Noutwendegkeet ka beluecht ginn a wann et ëm d'Besetze vun enger bestehender Aarbechtsplaz geet“, festgeluecht. De Statsrot wollt hei generell Regeln opstelle fir onbefristet a befristet Aarbechtsverträge. Dobäi gi befristet Verträge iwwer e fixé Kredit geregelt, an de Ministère muss d'Noutwendegkeet beweisen. De Statsrot wollt des Klausel ophiewen, woumat d'Finanzkommission net d'accord ass. Hei gouf des Weideren esou amendéiert, dass nient Aarbechter an Employéen och d'Fonctionnairen, déi Deelzäitaarbecht maachen, éligibel sinn. Schliesslech ginn iwwert dësen Artikel Beschäftigter, 290 un der Zuel, vum Stat agestellt, ob se a Stats- oder Gemeinbegescher schaffen oder esouguer a Bëscher, déi öffentlechen Anstalten gehéieren. Dës Décisioun geet op en Audit zrëck.

Heimat gëtt och am Amendement 12 d'Gesetz vun der Administration des Eaux et Forêts ugepasst. De Statsrot ass d'accord fir den Artikel 12 vum Gesetz vum 4. Juli 1973 iwwert d'Reorganisatioun vun der Waasser- a Forstverwaltung iwwer seng Proposition de texte ze änneren, an zwar esou, dass all Uwendungsmodalitéiten iwwer een eenzege Règlement grand-ducal ofgewéckelt kënne ginn, och wann esou Ännerung laut Statsrot iwwert d'Budgetgesetz net déi bescht Léisung sinn.

Am Artikel 17, virdru de 15, geet et drëm fir auslännesch Mataarbechter beim Stat bei Bedarf anzustellen, zum Beispill bei der Présidence déi elo usteet. Hei hält d'Kommission sech éischter un d'Regierung wéi un de Statsrot. Dës wollt eng generell Léisung fir befristet Verträge fir EU-Bierger am Fall wou keng Lëtzebuerger Kandidatur do wär. Wichtig schéngt et mir och nach am Kader vum Artikel 33 ervirzepräichen, dass de Stat e weider Joer Hëllef am Précoce virgesäit fir d'Gemengen, déi et säit 1999 gëtt an déi sech op 50% belafen. Heizou huet de Statsrot kee Kommentar gemaach.

Ech kommen zum Artikel 43, virdru Artikel 40: Iwwert dësen Artikel gëtt et och elo méiglech de Schinnefong iwwer en Emprunt ze speisen, wat bis elo net méiglech war. Zum neien Artikel 46 wär Folgendes ze soen: Hei geet et also ëm den nationale Kulturfong. Hei mussen déi dräi Héichschoulinstitute, wéi se elo nach virgesi sinn, duerch eng eenzeg juristesche Struktur, an zwar déi vun der Uni Lëtzebuerg ersat ginn. Dës Démarche mécht am Statsrot keng Problemer.

Dofir wëllt de Statsrot awer eng Opposition formelle maachen am Fall wou Associatiounen, déi eng Aktivité notable hunn, am Text vum Artikel bestoe blieden. De Statsrot gesäit Problemer, well op där enger Säit Gesellschaften éligibel si fir dese Fong, wa se d'Utilité publique ausgeschwat kritt hunn. Eng Utilité publique gesäit jo eng prezis Prozedur mat ganz exakte Kritäre

vir. Op där anerer Säit si laut Regierungstexter och Gesellschaften éligibel, wa se eng Activité notable opweisen. Hei besteet awer e gewëssenen Arbiträr, well esou eng Terminologie ass net ganz prezis. De Statsrot verlaangt hei eng Prozedur fir en Agrément ze kréien. Dës kënnt duerch e Règlement grand-ducal geregelt ginn. De Statsrot berëfft sech an deser Iwwerleeung op de Prinzip vun der Gläichheet vum Steiergesetz. D'Finanzkommission schléisst sech och deser Fuerderung un.

Och den neien Artikel 47 huet munch Kommentare bruecht. Hei geet et drëm fir d'Cotisatioun vun der Assurance dépendance fir ee Joer vu 45 op 40% erfzesetzen. Dës Problematik hat ech schon am mëndlechen an am schrëftlechen Rapport ugeschwat. Hei mussen also d'Reserve bei 20% vun de järeleche kuranten Ausgabe leien. Hei bleift nach genuch Spillraum, an déi 11 Milliounen Euro, ëm déi et hei geet, sinn aus finanztechnescher a gesetzlecher Optik net problematesch, well de Saz par rapport zu den ordinären Ausgabe wäert sech am Joer 2004 bei 47% apendelen. De Statsrot ass och d'accord, insofern dass dese Mechanismus eemoleg ass. Dës huet d'Regierung jo och esou libelléiert an déi meescht Parteien heibanne kënne mat deser Moossnam an esou enger Approche lieden.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech kommen zum Artikel 48, deen en neien ass. Hei geet et jo drëm 130 Milliounen vum Pensionsversicherung op d'Krankeversicherung ëmzebuchen, fir esou den Defizit auszgläichen. De Statsrot ass net averstane mat deser Léisung. D'Regierung konnt sech hei op e Konsensus vun der Tripartite baséieren. De Statsrot hofft staark, datt des Operatioun eenzegaarteg bleift. Hei gouf jo net nëmme vum Statsrot d'Fuerderung no Léisungen an der Krankeversicherung opgestallt, och aner politesch Parteien mengen - ech géif esouguer soen, mir wäeren eis unanime heibannen -, datt an deem Beräich en akuten Handlungsbedarf besteet.

(Interruption)

Do hunn ech keng Léisung. Neen.

Schliesslech den Artikel 42 no der aler Versioun. Ech kommen nach un deen, well et ass effektiv sou, dass deen am Fong geholl elo iwwerflësseg, superfétatoire ginn ass, well de Statsrot gouf den 28. November 2003 mat engem Projet de loi befaasst vun der Regierung. Dat ass de Projet de loi 5255, deen och den 3. Dezember 2003 an der Chamber déposéiert gouf, den 9. Dezember vum Statsrot aviséiert gouf, an den 11. Dezember gouf jo de Rapport ugehall. Ech muss feststellen, dass sech glécklecherweis net d'Fro stellt, well wat wär geschitt, wann effektiv de Statsrot net esou schnell aviséiert hätt an d'Budgetgesetz hätt missen ouni dese Projet de loi gestëmmt ginn?

Als Rapporteur vun deem Projet de loi 5255 wëll ech awer nach kurz op dës Gesetz agoen, dat jo mat deem Budgetgesetz elo zesumme gestëmmt gëtt. D'Finanzkommission huet jo am schrëftlechen Rapport verlaangt, e spezialt Gesetz virzeleeën, well e Spezialartikel am Budgetgesetz der Verfassungsoflag laut Artikel 99 net gerecht géif ginn. Hei steet nämlech geschriwwen: „Aucune charge grevant le budget de l'État pour plus d'un exercice ne peut être établie que par une loi spéciale.“ De Statsrot stellt fest, dass d'Démarche fir Emprunten opzehuelen an der Logik läit vun der Budgetpolitik vun der Regierung. Hie wëll awer a sengem Avis net weider op des Problematik, déi d'Finanzkommission hei jo opwerft, agoen.

Ze oft gouf awer an de leschte Joren op d'Basis vun deem Artikel 99 kontrovers hei an der Chamber

diskutéiert, sou dass ech mengen, dass et géif Sënn maachen, wann hei definitiv kloer an ausféierlech légiféiert géif ginn.

Laut dem Projet de loi 5255 gi jo 70 Milliounen an dem Stroossefong a 50 Milliounen an dem Schinnefong geléint. Déi 80 Milliounen, déi jo laut Originalbudget zousätzlech geléint sollte gi fir de Budget ze équilibréieren, gi jo elo net méi gebraucht. Dës lescht Démarche war jo kritiséiert ginn. Déi Empruntsopolitik, wéi se hei virläit, fënnt awer e grouse Konsensus, a sou huet de Statsrot an deem Kontext net vill ze soen. Suen, déi iwwer e puer Generatiounen geléint ginn, kënnen och iwwer méi Generatiounen zrëckbezuelt ginn. Dat huet jo elo grad de Budgetsminister, de Luc Frieden, gesot.

Dese Prinzip kënn een natierlech och laut verschiddenen anere Wirtschaftstheorien esou verstoen, dass ee systematesch a konsequent Sue léint, fir domadder dann och nach d'Taxen erfzesetzen, fir dass nach méi Geld am Émlaf bleift a fir dann nach méi, géif ech soen, de Wirtschaftsmaart ze dynamiséieren. Mä esou global Theorië fannen awer keen Uklang bei de Lëtzebuerger Regierungen, an dat scho säit den Zäite vum Här Werner.

De Principe de précaution huet bis elo nach ëmmer gespillt an et soll nëmmen esou mann wéi méiglech geléint ginn. A grad dese generelle Principe de précaution an der Budgets- a Finanzpolitik bezuelt sech haut aus. Grad dofir behale mir Spillraum fir eng antizyklesch Finanzpolitik. Ech géif lech also bidden dese Projet de loi 5255 ze stëmmen, well e jo enger Fuerderung vun der Finanzkommissioun nokënn. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale (suite)

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mir si jo bei der Diskussioun vun dem Rapport complémentaire vun dem Budgetsrapporteur zu den Amendementen vun der Regierung a bei der Diskussioun vun dem Projet, wou d'Regierung soll autoriséiert gi fir en Emprunt opzehuelen. Zu den Emprunten hunn ech d'lescht Wocht d'Meenung vun eiser Fraktioun duergeluecht. Doderber brauch ech net zrëckzekommen.

Wat elo d'Amendementen ubelaangt, déi de Rapporteur a sengem Rapport, fir deen ech géif merci soen, duergeluecht huet, stellt ee fest, dass en fin de compte ënnert dem Stréch déi Amendementen keng gréisser Ännerungen um Budget mat sech bréngen. Ervirstécht just den Amendement, wou d'Regierung drop verzicht fir deen Emprunt vun 80 Milliounen ze maachen, well se der Meenung ass a virausgesäit, dass d'Steierrecetten duerginn an dass deen Emprunt dëst Joer oder fir d'nächst Joer net gebraucht gëtt. Et muss e wëssen, wat dat ënnert dem Stréch bedeit. Dat bedeit nämlech ënnert dem Stréch, dass mir dëst Joer - engem Krisejoer - méi Schold zrëckbezuelt hunn, wéi mir fir d'nächst Joer Schold musse maachen. Mir maachen eng Schold an enger gewëssener Héicht vun 120 Milliounen. Mir hunn iwwer 200 Milliounen dëst Joer zrëckbezuelt. Et muss een also gesinn, wat dat bedeit. An dat bedeit och, dass d'Scholdelaascht vum Lëtzebuerger Stat Enn 2004, also um Enn vum nächste Joer, wa mir um Enn vum Budget vum nächste Joer ukomm sinn, dee mir hei diskutéieren, dass dann d'Scholdelaascht vum Stat méi déif wäert si wéi dat am Dezember 2002, also virun engem Joer, de Fall war. Zweekrisejoren 2003 an 2004, an um Enn vun

deene Joren huet de Lëtzebuerger Stat manner Schold wéi am Ufank. Dat ass en erstaunleche Virgang, wann ee sech emol d'Situatioun op anere Plazen ukuckt.

Ech wëll, Här President, ee Wuert soen zu deem Amendement, dee vun der Regierung abruucht ginn ass, betreffend dem Defizit vun de Krankekeesen, wou proposéiert gëtt, dass aus de Pensiounskeesen dee betreffende Betrag, dat heescht e Betrag vun 130 Milliounen Euro, dee méi héich läit wéi den aktuellen Defizit, soll transféréiert gi vun de Pensiounskeesen an d'Krankekeesen.

D'lescht Woch si fir dës Operatioun vun dëser Tribün aus ganz haart Wieder gefall. Notamment ass dat Wuert, wat viru ganz laange Joren an der Lëtzebuerger Politik eng grouss Roll gespillt hat - d'Wuert vum Renteklau - hei op d'Tapéit komm. Ech wëll all deenen, déi vu Renteklau schwätzen, soen, dass dat relativ geféierlech ass fir domadder ze operéieren, wann ee weess wat 1983 lass war, wéi de Jacques Santer deemools d'Reform iwwert d'Finanzéierung vun de Pensiounen am Privatsecteur hei proposéiert huet, wou d'Essenz vun deem Gesetz dohinner gestallt ginn ass als e Renteklau.

Et muss ee gesinn, wat d'Resultat vun deem Gesetz, wat viru ronn 20 Jore hei an dësem Haus gestëmmt ginn ass, ass. Mir hunn haut an de Pensiounskeese vum Privatsecteur 5,67 Milliarden Euro, dat heescht 225 Milliarden aler Frang. Wann e weess, wéi 1983 d'finanziell Situatioun vun de Keesen am Privatsecteur ausgesinn huet, a wann ee gesäit, wéi se haut ausgesäit, dann huet dat och mat deem angebleche Renteklau vun deemools ze doen, nämlech just de Contraire, datt mir an eng Situatioun erakomm sinn, wéi mir se ni virdru kannt hunn. Et ass net exklusiv de Mérite vun deem Gesetz, et sinn och aner Faktoren, déi matgespillt hunn, mä dee Faktor an dat Gesetz vun deemools war eent vun de wesentlechen Elementer, dass mir haut an de Pensiounskeese vum Privatsecteur esou eng gutt Situatioun hunn. All déi, déi deemools vu Renteklau geschwat hunn, huet dat schonn eng Rei vu Kéiere Leed gedoen, an déi hidde sech haut fir esou schnell dat Wuert an de Mond ze huelen.

Wann d'Regierung haut proposéiert 130 Milliounen Euro aus de Pensiounskeesen an d'Krankekeesen ze iwwerféieren a wann dat als Renteklau betitelt gëtt, da kann ech nëmme soen: Dat ass eng populistesch Qualifikatioun fir eng légitime Créance vun der Krankekeess vis-à-vis vun de Pensiounskeesen. Mir sinn eis alleguerten eens heibanen, dass den Invaliditéitsrisiko e Risiko ass, deen à charge vun de Pensiounskeesen ass. A wann d'Krankekeess iwwer laang Zäit an zesumme cumuléiert ronn 5 Milliarden Risiko bezuelt huet, deen en fin de compte an a Realitéit à charge vun där anerer Keess gewiescht wär, dann ass et nëmmen normal, dass mir haut deen Transfert maachen. Dat ass eng Créance, well déi Keess Mensualitéite bezuelt huet, d'Créancë bezuelt huet, déi en fait à charge vun där anerer Keess waren, wa mer dat haut eriwuer transferéieren. An ech mengen, et ass legitim, speziell an engem Moment wou d'Situatioun vun de Krankekeesen net gutt ass, fir deen do Defizit ee fir allemol ausgeglach ze kréien a mat deenen anere Propositiounen, déi um Dësch leien, ze versichen an Zukunft keen Defizit méi ze kréien.

Dofir wëll ech nach eng Kéier, Här President, drop insistéieren: Hei geet et iwwerhaupt net ëm e Renteklau, hei geet et ëm eng legitim an eng gerechtfäerdegt Créance, déi déi eng Keess vis-à-vis vun där anerer huet, an datt mer där enger erëm ginn, wat déi aner fir se bezuelt huet, dat ass an der Rei an dofir, Här President, huet eis Fraktioun...

(Interruption)

Jo, Dir kënn eng aner Meenung hunn. Et ass eis Meenung an ech mengen, Dir kënn jo mol erklären, ob do net eng Créance vun där enger Keess vis-à-vis vun där anerer bestanen huet. Ech denken, dass Der dat...

(Interruption)

Jo, ech weess datt Dir dat maacht. Deementspriedend, Här President, huet meng Fraktioun kee Problem fir am Kader vum Budget den Amendement, dee vun der Regierung proposéiert ginn ass, ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, et gëtt Saachen do weess een, datt et se gëtt, et gëtt Saachen do weess een, datt et se net gëtt, et gëtt och Saache wou een net weess, datt et se gëtt an et gëtt Saache wou een net weess, dass et se net gëtt.

(Interruption)

Ech soen lech dat.

Mat deem dadaistesche Sprach huet den Här Rumsfeld Donald viru e puer Wochen elo vun enger englescher Vereenegung, déi heescht Plain English Campaign, e Präis kritt - säi schäerfste Konkurrent war den Här Schwarzenegger Arnold. Dese Budget - an ech schwätze selbstverständlech zum ganze Budget, Här President, d'Amendement gehéiere jo zum Budget - ass, méi realistesch wéi enthousiastesch, wéi de Rapporteur hei gesot huet, eng Iwwergankssach zu enger neier Ära, wou en awer net weess, ob et se gëtt oder ob et se net gëtt.

Mä dës Gedanke vum Iwwergangsrapport musse jo aus dem Schouss komme vun enger Iwwergangskoalition, déi all Hoffnung opginn huet, selwer nach un hir Zukunft ze gleewen. Ech wëll kuerz de Mëtten hei versichen dem Här Rapporteur an och der ganzer CSV-DP-Koalition selbstverständlech ze hëllefen, fir dass se un hirer eegener Astellung an dëser Transitiounsphas bekräftegt ginn, dass se mam Begrëff vum Iwwergank zu enger neier Ära, also an der Hoffnung op besser Zäiten, absolut richtig leien an dass se dobäi eis Hëllef verdéngen.

Ufänke wëllt ech mat eppes wat de Statsminister hei viru 14 Deeg gesot huet zu de Pensiounen. Et gëtt nämlech keng Ried vum heitege Statsminister zum Budget an och net zum État de la Nation, wou en net déi léifste Plack opleet déi en am Schaf huet, fir de Lëtzebuerger ze soen, dass d'Resultater vum Rentendësch an d'Gesetz wat d'Regierung Juncker/Polfer déposiert huet den 13. Dezember 2001, a wat och vun allen Deputéierte vun der CSV a vun der DP gestëmmt ginn ass - dat war de 5. Juni 2002 -, e schlecht Gesetz ass, e Gesetz wat der Évolution vun der Wirtschaft net Rechnung dréit. D'Konscht dat eent oder anert ze soen, dat eent an dat anert ze maachen, dat ass eigentlech eng Konscht déi der Glafwierdegkeet an der Politik net absolut dénglech ass. Mir hunn hei um Pult den Här Statsminister héieren dem Land soen - an dat war am Summer 2001 -, de Rentendësch fänkt un an déi richteg Richtung ze goen. Hie muss effektiv selwer dodru gleeft hu wat hien deemools gesot huet, well d'Regierung, déi hie präsiéiert, huet jo dem Grand-Duc e Gesetzesprojet virgeluecht, fir eent zu eent an der Chamber d'Resultater vum Rentendësch an eng legis-

lativ Form ze setzen. Déi Partei, déi mam Här Statsminister senger Partei an der Regierung ass, feiert jo de Sozialminister als Held vum Rentendësch.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Asselborn (LSAP).- An dës Partei iwwerschwemmt jo d'Land zur Zäit mat Reklammen - Reklammen déi selbstverständlech näischt mat de Wahlen d'nächst Joer ze dinn hunn -, wou dës Partei seet, dass dës Rentereform déi gréissten Errongenschaft wier, zënter dass et op der Musel Drauwe gëtt an dass zu Lëtzebuerg de Begrëff Sozialpolitik iwwerhaupt bekannt ass.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Wat soll elo de Lëtzebuerger Bierger denken, dee jo alles mä net doruechter ass, wann en dat eent an dat anert vun dëser CSV-DP-Equipe assimiléiere wëll, verstoe wëll? Hien denkt sech vläicht mol fir d'éischt, déi do mussen am klenge Geheekelten eng zolidd Wull am Tirang hunn. An en denkt sech och: Wéi ass et méiglech, dass esou e grouse Statsminister sech all Joer e puermol selwer op d'Plaz setze muss? En denkt sech: Wéi ass et méiglech, dass e Sozialminister, dee sech jo als Glanzstär vum Rentendësch gesäit, et zouléisst, dass de President vun där Regierung, déi him den Optrag ginn huet, dëst Gesetz ze déposéieren, sech esou veräppelle léist? An en denkt och: Wat wëllt den Här Juncker dann eigentlech soe mat senger Thees, dass d'Reform 2002 eng prekär Reform wär, well onfinanzéierbar op d'Zäit? Dëst, wéi mer wëssen, jo mat der Rentemauer als Symbol vum Onsënn.

Interessant ass d'Konsequenz vum Här Statsminister senger répétéierten Allusiounen vun der onsécherer Pensioun mol eng Kéier ze héieren. Wat geschitt dann an de Ae vum Här Statsminister nom 13. Juni 2004?

Här President, et geet net duer, dass een hei an der Chamber a soss wou esou Warnstéiss ausrifft a Saache Pensiounen. Mir wësse wat fir e sensibelt Thema dat fir d'Lëtzebuerger ass. D'Land wëisst mol gar eng Kéier, wat dann dohannert stécht, wat de President vun dëser Regierungséquipe, déi haut um Rudder ass, dann als logesch Folleg vu senger Warnungen dem Land proposéiert. Wat ass op deem Gebitt, nom Enn vun dëser schwarz-bloer Iwwergangsregierung, a sengen Aen dat, wat op eist Land zoukomme soll. Interessant, héich interessant ass et op deem Punkt, den CSV-Wahlprogramm vun 2004 liesen ze därefen. Hei misst jo Faarf bekannt ginn zur Rentemauer, well ech ka mer net virstellen, dass d'CSV an hire Statsminister mat de Rentner spille wëlen.

Här President, ech wëll och e Wuert vu méi genereller Natur soen zur Tripartite. Dës Regierung war net nëmmen net fäeg grouss Reformen, a mengen Aen, unzepaken, si ass dobäi och amgaangen e wichtegt Instrument, dat eist Land huet, wirklech ze manipuléieren. D'Tripartite ass ee wichtegt Instrument fir a Saachen Erhale vum soziale Fridde kënnen anzesetzen. Et ass en Instrument, mir wëssen et, wat géint de Wëlle vun der CSV hei am Haus duergesat ginn ass vun enger LSAP-DP-Regierung an de 70er Joren, fir gezielt agesat ze ginn, fir a Krisensituatiounen, respektiv fir a grouse Froen am wirtschaftlechen an am soziale Beräich tëschent Sozialpartner a Regierung e gemeinsamen Nenner ze fannen. Zum Beispill, wéi verbessert een d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft, wat jo geschter am Kader vun där Tripartite geschitt ass a wat och richtig ass. D'Tripartite ass keen Instrument fir de Budget vun enger bestëmmter Regierung ze schnüren. D'Tripartite ass och keen Instrument wat automatesch

anzesetzen ass, zum Beispill am Kader vum Gesetz iwwert d'Krankekeesen, wou wéi mer wëssen d'Sozialpartner an och d'Regierung d'Obligatioun hu Verantwortung ze iwwerhuelen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wat seet dann den Här Castegnaro dozou?

Une voix.- E war ganz anerer Meenung.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech hunn net mat lech geschwat, Här Weiler, ech schwätze mam President, dofir loosst mech meng Ausféierungen elo fäerdeg maachen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wëll den Här Asselborn bei deenen Aussoen do froen - wann en eng Fro erlaabt -, wat da säi Kolleg an eminente Member op enger Lëscht vu senger Partei zu deenen Ausféierungen do seet.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Da frot den Här Castegnaro, dee weess bestëmmt déi richtig Antwort dorobber. Loosst mech meng Ausféierungen elo hei maachen, da verstitt Der besser wat ech wëll soen, Här Weiler.

(Interruptions et hilarité)

Här President, d'Tripartite ass keen Instrument wat automatesch anzesetzen ass, wéi scho gesot, zum Beispill am Kader vum Gesetz iwwert d'Krankekeesen, wou d'Sozialpartner an och d'Regierung d'Obligatioun hu vum Législateur Verantwortung ze iwwerhuelen, fir en Accord am Beräich vum Gläichgewicht vu Recetten an Dépensen ze fannen. Wann d'Tripartite automatesch als lescht Instanz agesat gëtt, da fënnt am Fong eng Dëresponsabilisatioun, en Ennergruewe vun der Selbstverwaltung vun de Sozialpartner statt. D'Sozialpartner hunn am Krankekeesegesetz an engem legale Kader eng Obligatioun, Léisungen ze sichen a Léisungen ze fannen. Wann dat aräisst, dass d'Tripartite automatesch lescht Instanz ass, gëtt d'Sozialpartnerschaft an eisen Ae verwässert, de sozialen Dialog gëtt geschwächt, e gëtt net doduerch gestärkt.

Wann ech gesot hunn, dass d'Tripartite manipuliert gëtt, wëll ech mech méi explizit hei erklären. Dës Chamber ass, a mengen Ae selbstverständlech nëmmen, mä ëmmerhin a mengen Aen, ënnert der Responsabilitéit vun der CSV-DP-Majoritéit, déi schwächste Chamber, déi et jee gouf a Saache Kontroll vum Parlament iwwert d'Regierung.

D'Koalitionsdeputéierte si wirklech politesch Fiedergewichter am Verglach mat der Regierung, Fiedergewichter, déi op d'Päif sängen a sprangen. Beschte Beispill ass d'Manipulatioun vun dëser Regierung a Saache Finanzéierung vun der Fleegeversécherung. Emol ofgesi vum Fait, dass ee wirklech net méi vill an der Iddiëschatull muss hunn, fir de budgetären Apport a Saache Fleegeversécherung erfzesetzen an domadder e puer Grimmelen zesummenzekeréieren fir de Budget ze équilibréieren, ass dese Geste politesch esou falsch, esou contraire zur Évolution um Plang vun der Fleege, dass d'Regierung sech selwer geschummt huet mat offenem Viséier hei virzegoen. Well den zoustännege Minister, de Sozialminister, deen allerdéngs conforme zum Artikel 78 vun eiser Verfassung, wéi mer wëssen, komplett responsabel ass, komplett iwerdubbert gouf. Soit, mä wat een dunn héiere konnt am Land wat d'CSV- an d'DP-Deputéierten après coup, wéi se am Radio an an der Zeitung dovun héieren haten, gesot hunn aus dem Mond vun hire Fraktiounsspiecher, dat ass a mengen Aen eng pur Erniddregung gewiescht, déi wäit iwwer hir Persoun eraus d'Bild vum Parlamentarier, deen no der Päif sprang

ge muss, anstatt dass et ëmgedréint ass, op eng fulgurant Aart a Weis hei virdemonstréiert huet.

Dës Regierung weess, dass se am Koalitiounsgefüge sech alles erlaube ka wat hir an de Krom passt. Si versteet a si weess, dass se praktesch all Bremsen doranner ignoréiere kann. Dës Regierung zéckt net, guer net, ënnert dem Schiirm vun der Tripartite ze fässelen an ze fummelen, och géint all Regele vun enger wäitsichteger seriöser Finanzgestioun a Saachen öffentlech Gelder.

Ech woen emol dat Onvirstellbaart fir eng Minutt hei virstellbar ze maachen, d'CSV wär an der Oppositioun. Wann déi, déi am Ländchen d'Land ze regéieren hätten, sech traue géifen, zum Beispill d'Defiziter vun der Krankekeess mat Reserve vun der Pensiounskeess ze begläichen, da géif eng Batterie vu schwuarze Feiler op dës aarm Regierung geschoss ginn, eleng schonn esou Gedanke géifen als onerlaabten Zouggréffer op eist Rentewiesen erkläert ginn.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Àr Fantasie ass onbegrenzt, Här Asselborn.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).**- Mir kënnen, Här Weiler, dësem eemolegen, soll et jo sinn, Agrëff nëmme mat wierklech vill Vaseline an eisem Versteesdemech verstoen a mir hunn deeselwechte Malaise wéi de Conseil d'État och de Malaise huet, fir dës Konfusioun vun deenen zwou Branchë matzedroen.

(Interruption)

Wann allerdéngs ënnert der Schirmherrschaft vun dëser CSV-Regierung elo gefréckelt gëtt, fir de Forfait d'éducation iwwert d'Pensiounsreserven ze finanzéieren, da soen ech am Numm vun eiser Partei hei ganz offiziell, dass esou en Artifice hei am Haus nëmme Realitéit ka ginn, wann d'CSV d'absolut Majoritéit géing eruweren. D'DP huet sech jo d'lescht Wocht géint dësen Artifice ausgeschwat. Et gëtt Grenzen, och prinzipieller.

(Interruption)

Dëse Forfait d'éducation haut, wann e scho besteet, soll an eisen Ae fir all Frae sinn, déi Kanner hunn, ob dës Fra Salarié war an eng Rent huet oder net. Formidabel wär et elo, wann déi Fraen, déi an d'Pensiounskeess kotiséiert hunn, mä dëse Forfait d'éducation net kriterien, misste gesinn, dass déi Fraen, déi net kotiséiert hunn, Bénéficiaire dovunner wieren. Esou däreif een net virgoen.

Den Här Frieden, Här President, huet d'lescht Woch hei am Haus gesot, dëse Problem wier selbstverständlech nach net vum Dësch, mam Argument dass et eng Iddi gewiescht wär vum Rentendësch. Här President, ech hu schonn e puermol d'Geleehnheet gehat vun dësem Pult aus hei an alle Faarwe Folgendes ze molen.

Et gëtt CSV-Gréissten, déi hunn zënter jeehier e Problem de richtigen Dréi ze fannen, fir d'Distanz tëschent hirer Partei an, soe mer, den Institutione vum Land richtig ze erfassen. Si hunn eng staark ausgeprägten Tendenz, dës Instanz ëmmer op Null tendéieren ze loosse. Esou ass et net verwonnerlech, dass den Här Frieden eng Iddi, déi d'CSV hat, mat enger Iddi vum Rentendësch verwiesselt, absichtlech selbstverständlech verwiesselt. Op deem Rentendësch war ausser der CSV keen een dofir dass dëse Forfait d'éducation sollt vun der Pensiounskeess bezuelt ginn. Mä ganz typesch, CSV-Dësch ass gläich Rentendësch ass gläich Statsbudget, a scho si mer do wou déi harmlos zäertlech Blimmercher vum CSV-Statsgaart wuessen.

D'Tripartite ass ee kapitaalt Instrument vun eisem soziale Wiesen, wou sech den Dialog tëschent wirtschaftlechen Interessen a sozialer Astellung entfale muss kënnen. Dat

muss an Zukunft an eisen Aen esou bleiwen.

Här President, dës CSV-DP-Regierungskoalitioun huet 1999 den Opdrag vum Wieler kritt, d'Moderniséierung vun eisem Land, um Ufank vun dësem 21. Jorhonnert, weiderzeféieren, en Opdrag mat deem se sech selwer och identifizéiert huet an hirer Regierungserklärung.

Bei der CSV-DP-Koalitioun stong dëse Budget 2004, an et war déi lescht Geleehnheet, zur Verfügung nach fir dëser Aufgab mindestens usazweis gerecht ze ginn. Nun, dëse Budget 2004 huet weder e Profil wou Wäitsicht ze erkennen ass, nach huet en och nëmme e Soupçon vun engem Moment, dee jonk Leit haut als sexy géife beezeechen. Ech explizéiere mech.

Dëse Budget, an den Alex Bodry an de Jeannot Krecké, eis Haaptspriecher, hunn et bildlech excellent duergestallt, weist, dass wann een e weineg kraze geet un d'Finanzgenië vun dëser Regierung, dass da ganz séier de Lack erofbréckelt. Den Här Juncker an den Här Frieden, den Här Weiler och, menge sech jo wéi Pohunne virum Spigel mat der faméiser Reserv vun deenen 100 Milliarden, déi d'Land nach zur Verfügung huet.

Här President, d'Gemeng Stengefort - eng Gemeng, déi ech gutt kennen, huele mer déi, vereinfache mer also ganz simpel - stellt 1% vun der Lëtzebuurger Bevölkerung duer. Soe mer, 1% vun de Statsfinanze géif och de Stengeforter Budget ausmaachen. Stellt lech emol vir dës Gemeng Stengefort hätt nach vun 2001, vun 2002 a vun 2003 siwe Milliounen Euro - dat sinn 280 Milliounen al Frangen - u Fournisseuren aus der Gemeng ze bezuelen, hätt se also nach net bezuelt, a si géif sech bretze mat 25 Milliounen, also enger Milliard Lëtzebuurger Frang op engem Spuerkont. Da géifen d'Bierger sech op d'A gedréckt fillen an der Gemeng a soen, dee Buergermeeschter do, déi Schaffen do, dat si Luusserten, et si komesch Gestionnairen.

Nun, dës Regierung, Här President, huet nach ronn 700 Milliounen Euro, dat sinn 28 Milliarde Lëtzebuurger Frang, TVA-Schold de Leit zrëckzebezuelen aus de Joren 2001, 2002, 2003. Dat ass eng verstoppten, awer eng ganz gefeffert Statsschold.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, vun deene 700 Milliounen, déi de Bierger gehéieren, gëtt net geschwat, däreif hei net geschwat ginn. Ech hu kee Pipcheswuert dovunner héieren.

De Bierger lieft léiwer an engem Land, géif ech mengen, wou eng Regierung um Rudder ass, déi um Gebitt vun de groussen Infrastrukturen déi richtig Prioritéite setzt an investéiert, wéi an engem Land wou eng Regierung um Rudder ass, déi wéi dës CSV-DP-Koalitioun vu lauter Hin- an Hierrëckelen a Frëckelen näischt Bewegendes ëmsetzt, mä haaptsächlech de Mechanismus vum Steiergeldstockéieren op Konten als hir Daseinsberechtigung an och als hire grouss Mérite ugesäit.

Här President, dës Regierung hat et dran. Am öffentlechen Transport huet se 1999 e Projet, BTB genannt, virfonnt, deen de groussen Avantage hat d'Bierger iwwert d'Schinn an ouni ëmsteigen ze missen an d'Stad erabruecht hätt. Dëst ass zerschloe ginn an haaptsächlech just fir de Pléséier vum A duerch virtuell Computersimulationen ersat ginn. Dëst Land ass heibäi, konkret gesinn, null Millimeter virukomm. Lëtzebuerg steet am Stau an d'Regierung mengt sech mat vermeindleche Milliarde Reserven.

Här President, vill Leit zu Lëtzebuerg géife léiwer an engem Land liewen, wou se mueres an d'Stad erakéimen an owes nees eraus, mam Tram oder mam Zuch, a si hätten eng Regierung, wéi ech gesot hunn, déi net ëmmer nëmme

als Kontabel argumentéiert an optrëtt, mä an öffentlech Transportmëttel investéiert.

(Interruptions diverses)

Eis Propos, den öffentlechen Transport gratis ze maache bis dass Lëtzebuerg säi Retard opgehol huet, soll als Stimulatioun, fir wann nëmme méiglech op den Auto ze verzichten, ugesi ginn.

Dëse Budget ass och déi lescht Chance gewiescht, déi dës Regierung hat, fir a Saache Schoul ze retten, wat nach ze retten ass. Eng Chance, déi och hei verpasst gouf.

Wann een elo kuckt wou mer hierkommen a wou mer stinn op dësem Gebitt, da gëtt et engem bal Angscht fir all déi DP-Gréissten, déi schonn zënter Wochen elo an allen Zeitunge vum Land an der Reklamm sinn. Mat all Dag wou d'Leit vermëttelt kréien, hir Foto gesinn, mengen ech, gi se nach vill méi rosen iwwert dat wat d'DP versprach hat op deem Gebitt a wat effektiv ëmgesat ginn ass.

Et muss een et fäerdegbréngen, eng Offensiv fir d'Schoul anzelauden, fir da sechs Méint virun den nächste Wahlen eng Hällewull Elterevereenegunge wéi och Enseignantengewerkeschafte géint sech ze hunn, net well een eppes Fundamentales ännere wëll, eppes wierklech Neies, eppes Zukunftsorientéiertes duerchsetze wëll, mä just well een de Fimmel huet, an d'Geschicht agoen ze wëllen, fir um Gesetz vun 1912, engem vun deene gréissten a vun deene wichtigste Gesetzter am Land, erëmzedokteren.

Dëst Gesetz vun 1912 huet et net verdingt, dass ee säi Geescht, deen no vir gericht war, no hanne béie wëll. Héchstwahrscheinlech gesi mer an deenen nächsten Deeg a Wochen, wéi déi bloethesch Dräifaltegkeetsformule vun der Transparenz, dem Dialog an dem Stil mat deem Problem ëmgeet.

An dësem Budget 2004 hätte mer eis vun der Regierung erwaart, Här President, dass zum Beispill e grouss Programm mat de Gemengen hätt kënnen ëmgesat ginn a Saache „structures d'accueil“ an de Schoulen. Wann et schonn onméiglech schéngt, d'Gläichstellung vu Mann a vu Fra am Artikel 11 vun eiser Verfassung ze verankeren, dann hätt ee sech erwaarde kënnen, dass duerch eng Initiativ am Interesse vun der sozialer Kohesioun fir eis Kanner, an am Interesse vun de Familljen, virun allem de berufsstätege Fraen, an den nächsten dräi Joer Accueilstrukturë flächendeckend am Land an Ugrëff geholl gi wieren.

Här President, Lëtzebuerg huet no de Wahlen 2004 eng Schoulpolitik verdingt, déi net an dem Réckspigelen hire Wee sicht, mä déi no vir Repëren upeilt. Dës Regierung huet an der Schoulpolitik sech duerch eppes ganz Spezielles ausgezechent. Si huet d'Reform vun der Schoul net op d'öffentlech Schoul konzentréiert, mä op d'Privatschoulen. Dat huet zënter Krichsenn keng Lëtzebuurger Regierung, wéi just déi heiten ënner DP-Verantwortung, esou meeschterhaft fäerdegbruecht.

Zéngmol méi Sue fir d'Schüler aus de Privatschoulen, den Alex Bodry huet et d'lescht Woch hei gesot, wéi fir d'Schüler aus der öffentlecher Schoul. Domadder ass budgetär den Akzent gesat vun dëser Regierung. Dat ass am Fong d'Handduch gehäit, gesot, dass d'öffentlech Schoul net ze erneieren ass vu Säite vun DP-Politiker. Déi öffentlech Schoul brauch Politiker, déi wéi si un d'öffentlech Schoul gleewen an net op de Problemer sëtze bleiwen. Den Déclin vun der öffentlecher Schoul hätt als Konsequenz, dass mer hei, mëttel-

fristeg gesinn, net méi iwwer e Budget ze schwätze bräichten, well et Lëtzebuerg als eegestänneg Land an deem Sënn net méi gëtt.

Här President, mir hunn de Rapporteur, ähnlech wéi all seng Virgänger 2000, 2001, 2002 an och 2003, hei lamentéieren héieren iwwert déi laang Weeër beim Stat a Saache Verwierklechung vu Projeten. Mä wat huet dës Koalitioun da gemaach, ausser lamentéiert? D'Reforme administrative. Wat war dat, muss een haut froen? E Flop. E puer Telefonsnummern, wou een e Band héiert lafen.

Här President, Schwaarz-Blo huet et fäerdegbruecht, a si sinn anscheinend nach houfreg driwwer, fir esou e wichtige Projet wéi de Rehazenter während véier an en halleft Joer all Joer ëm ronn 5 Kilometer ze verréckelen, also ronn 22,5 Kilometer am Total Loftlinn. Vun Diddeleng op de Kierchbiërg. All Joer si mir also dësem Projet am Land 5 Kilometer méi no komm. Dat ass remarquabel, an dobäi ass de Käschtepunkt vun deem Ganzen all Joer ëm 11% gewuess, fir no véier an en halleft Joer ronn 50% méi ze kaschte wéi 1999, vun 1,6 Milliarden op 2,4 Milliarden. Dat ass CSV-DP-Spëtzepolitik vum Feinsten. Budgetspolitik, déi keen hinnen esou séier nomécht.

Här President, nach ni an der Nokrichsgeschicht vum Land, zënter dass et statistesch Moossunge gëtt iwwert d'ekonomesch Temperaturen, ass an enger Regierungszeit de Wuesstem vun 9% op 1% gefall. Mir wëssen 2000, 2001 9%, dann 1%, a réischt am Hierscht 2002 huet d'Regierung dëst gemierkt.

Ech wëll dëser Regierung mol net hei ukreiden, dass se dësen ekonomesch Niagarafalleffekt an eisem Wuesstem eréischt esou spët erkannt huet, mä wat mer kritiséieren ass déi Passivitéit, déi beharrelech Passivitéit mat där dës Koalitioun an der Folleg reagiert huet. Si huet weider näischt gemaach wéi dat héicht Lidd vun der Steuerreform vun 2001 a vun 2002 an allen Tounlagen hei ze sangen. A Saache Wirtschaftswuesstem an a Saache Bekämpfe vun der Aarbechtslosegkeet ass näischt Déifgräifendes duerno geschitt.

Elo am November 2003 huet Lëtzebuerg 8.200 Chômeuren, dat si 67% méi wéi 1999. 67%! An deenen Zifferen spille sech d'Katasrophe vu Villeroy a vun der Cepal an aneren net erëm. Et huet ee jorelaang de Statsminister hei héiere mat enger grousser Iwwerzeegungskraaft soen, dass et hire Mérite wier, dass dëst Land mat roueger Hand géif gefouert ginn an dass all positiv Entwicklungen d'Resultat vun dëser duerchduechter a gefleegeter Politik wieren. Elo, wou d'Zuelen um Aarbechtsmaart an an der wirtschaftlecher Entwécklung dréinen, héiert ee vun der CSV eppes wéi Durchhalteparolen, oder et héiert een, wéi elo grad nach den Här Frieden, onrealistes Vergläicher, déi opgestallt gi mat Länner wéi Däitschland, wou et vill méi schlecht géif goe wéi bei eis. Bei eis ass keng Mauer gefall. Mir hunn och keng Laaschten aus der Geschicht ze schleefe wéi Däitschland, duerfir sinn dës Vergläicher e bëssen onrealistes, an ech géif bal soe megaloman. En Exercice, deen ee léiwer soll loosse.

Här President, eis Partei huet a Saache Wirtschaftspolitik Sofortmoossnamen op den Dësch geluecht am Oktober vun dësem Joer, wéi mir gesinn hunn, dass net géif reagiert gi fir d'Kompetitivitéit vun de Betriber, déi investéieren, ze fördern, duerch geziilt steierlech Moossnamen, fir d'Bürokratie ze reduzéieren an d'Hëllefe fir mëttelstänneg Betriber méi effikass an den Hëllef- a Förderprogrammen ze definéieren, entre autres.

Lëtzebuerg muss all Atouten, fir aus dëser Phas vu wirtschaftlecher Flaut erauszekommen, behalen, ouni dass sozialen Ofbau als lo-

gesch Konsequenz muss ugesi ginn, dëst och virun allem nom 13. Juni vum nächste Joer. Wichtig Viraussetzung ass déi, dass Lëtzebuerg eng Regierung huet, déi versteet déi richtig Prioritéiten ze setzen an de Punsch an de Courage huet ze investéieren, sech eens ze ginn an do ze investéieren, wou se effektiv erwaart gëtt.

Eis 16 Punkte fir eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik, wou de Stat mat engem effikassen Arbeitsamt, wou de Placeur eng individuell Berodung garantéiere kann, Betriber, wou d'Obligatioun auszebilden eescht geholl gëtt, an och de Salarié, dee sech der Ëmschoulung an der Ausbildung stelle soll, weisen, dass déi sozial Komponent vun der Maartwirtschaft, wou de Mënsch d'Prioritéit muss behalen, sech net ofstoussen mä ergänzen, ënnert der Bedingung dass eng Regierung do ass déi weess, dass se aktiv ze stimuléieren huet.

D'Chance vun eisem Land an der Zukunft läit an dem Diversifikatiounsbestriewe vun eiser Ekonomie. Do hat an de leschte Joren eng Meenung an de Mentalitéiten Iwwerhand, dass Lëtzebuerg anescht wéi eis Nopeschlänner sech eng kleng Paus gënnen kënn. Verspillte Chancë si verspillt. Op eise Grenze stelle mer fest, dass et och nieft eis geet.

D'Lëtzebuurger Wirtschaft ass eng kleng, eng iwwersiichtlech Welt mat ganz prezise Schwéierpunkten. Een dovunner ass de Findel. Et ass falsch ze soen, dass et d'Schold wier vum Mouvement écologique, oder d'Schold wier vun de Gemengen ëm de Findel, dass dëse liewenswichtige Standuert fir eist Land, souwuel wat de Persounen- a Flugverkéier wéi och de Cargo ugeet, an Turbulenze geroen ass. 2% vun eisem PIB ginn um Findel produzéiert. 12.000 Aarbechtsplazen hänken direkt an indirekt vum Findel of. Et ass der Saach net dënglech, wierklech net dënglech, wann den Innenministère, den Umweltministère an d'Stad Lëtzebuerg wéi gehabt et net fäerdeg bréngt sech ze eenegen, wat d'Konzeptioun vum POS vum Findel ugeet, an dann esou vill Theater vum Stapel muss gelooss gi wéi am leschten November. Dës CSV-DP-Regierung leeft dem Problem Findel an eisen Aen hannendrun, ouni Plang, ouni Schlëssel fir seng Zukunft ofzesécheren.

Déi ekonomesch Aktivitéit zum Beispill vun der Cargolux brauch, mengen Informatiounen no, net drastesch gesteigert ze ginn. Dat ass och net gefrot, si däreif et och net. En Ausbau, deen d'Dynamik vun dësem wichtige Betrib fir Lëtzebuerg assuréiert, ass dee gangbare Wee. Fir déi zweet grouss Gesellschaft, d'Luxair um Findel, fuerdere mer, dass hir Sécherheetskultur, wéi et haut heescht, komplett iwwerduecht gëtt. Mir wëlle Kloerheet op alle Punkten, mat deene Konsequenzen, déi sech wann néideg imposéieren am Betrib, am Ministère an och bei der staatlecher Iwwerwaachung. Wann an eisem Land Dysfonctionnement a Saache Statskonte festgestallt ginn, da kann dat licht redresséiert ginn. Bei der Flugsécherheet si se fatal, kënnen se Mënscheliewe kaschten. Ech sinn iwwerzeegt, dass all déi Politiker, déi sech mat vill Engagement an de leschte Joren ëm de Fonctionnement vum Stat Suerge gemaach hunn, och elo hei, wou si Responsabilitéit hunn, deen nammlechten Aifer, déi nammlechte Fougue am Opdecke vu Feeler an de Responsabilitéite schonungslos op den Dësch leeën.

Här President, dëse Budget huet eis déi lescht Woch schonn net gefall, och ouni dës Amendementer. Et ass e Budget bei deem mir aneren d'Responsabilitéit iwwerloosse fir en ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo mäi Virriedner héieren hunn e puermol soen, déi heiteg CSV-DP-Regierung wär eng Iwwergangsregierung, da muss ech awer bal feststellen, dass ech no senger Ried faerten, dass den Här Asselborn no dëser Legislaturperiod nëmmen nach Iwwergangsspéitzekandidat ass. Well en huet dräi Saachen hei, déi ech menger Meenung no muss monéieren, a wou ech faerten a mech froen, ob hien och haut nach a senger Equipe zu der Spéitz ge- héiert an zu der éischter Garnitur.

Fir d'éischt muss ee sech jo emol d'Fro stellen, haut schwätze mir iwwert de Rapport complémentaire vum Budget. Et ass fir mech komesch, witzeg, dass de Spéitzekandidat vun der LSAP net den Haaptriedner ass vu senger Partei hei zu dem Budget, sondern dass en eigentlech eréischt kënnt wann et zu den Amendementer ze schwätze kënnt.

■ **Une voix.** - Dat ass jo eise Problem.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - An da muss ech soen, jo ebe just well et Ären ass, an den Här Asselborn huet jo och ganz kloer gesot, dass si zwee Haaptspriecher haten, dass hien deen also net ass. Dat sinn den Här Krecké an den Här Bodry gewiescht. Mä ech muss eigentlech soen, ech fannen dat fir eng Partei a fir e Spéitzekandidat net an der Rei, dass deen hei neterausgeet an als éischte Spriecher hei d'Meenung vu senger Partei a senger Fraktioun seet.

Dann huet en zwou Saache gesot, déi mech awer och ganz schockéiert hunn. Dat eent dat ass, d'Tripartite wär manipuléiert. Dat ass jo awer wirklech eng Ohrfeig vis-à-vis vum Här Castegnaro, ee vun hire Spéitzekandidaten am Süden. Ech muss awer soen, also een dee sech erlaabt esou eppes vis-à-vis vun engem anere Kandidat, hien ass och nach Spéitzekandidat, ze soen, dat fannen ech ganz grave. An da seet en dat hei, an dat ass da fir eis alleguerten, dat wär déi schwächste Chamber, déi jee-mools do war, besonnesch wat hir Fonctiounen als Kontrollorgan vun der Regierung ubelaangt. Huet den Här Asselborn da vergiess, dass den Här Krecké President vun der Budgets Kontrollkommissioun ass? Dass also déi an den Hänn vun de Sozialisten ass, an ech muss soen dass hien do President ass an dass en...

(Interruptions diverses)

Neen, hien ass President, an ech muss soen, dat ass dann déi zweet Ohrfeig, déi en engem vu senge Kollege gëtt, an da muss ee sech jo awer och nach d'Fro stellen, wien da finalement den eigentleche Spéitzekandidat ass. Well do ass jo awer een, dee méllt sech och alt emol nach aus dem Parc de l'Orangerie vu Stroosbuerg, den Här Goebbels, deen Artikelen schreift a sech elo besonnesch awer - wann ech dat esou richtig gellies hunn - wirklech ëm d'Land an ëm d'Wirtschaft vun dësem Land Surge mécht, aneschtens wéi den Här Asselborn dat elo virdrun hei gesot huet, an dee sech elo als Zilscheif de Premier geholl huet. Wann een dat also alles...

(Interruptions diverses et hilarité)

Et läit op der Hand. Dofir muss ee sech also d'Fro stellen: Ass dann d'Sozialistesch Aarbechterpartei wirklech dat wat den Här Asselborn behaupt huet, eng Alternativ fir dëst Land? Ass et wirklech eng Alternativ, proposéiere si eng Alternativ zu der aktueller Regierungs-politik?

Ech kann dat net novollzéien, wann ech hien hei gehéiert hunn. A wann en dann d'DP attackéiert, dass e seet, mir géingen elo där Déplian-ten erausgi wou mer de Leit vermëttelt wat mer an dëser Regierungsperiod gemaach hunn, da kënnt eigentlech de blannen Näid bei him ervir, well ech ka mer virstellen, no där leschter Legislaturperiod, dat wat d'Sozialisten deemools realiséiert haten, dat wär just op en halleft Blat gaangen. An do konnte se natierlech net de Leit dee Moment esou en Dépliant erausschëcke wann ee kuckt: Dysfonctionnement am Transportmi-nistère, Dysfonctionnement an der Santé, de Plan de Financement net gestëmmt vun de Spideeler, keng Carte sanitaire, de Rehazenter, frot emol den Här Wohlfart fir wat dass de Rehazenter net gebaut ginn ass. All déi Saache kënnt ech elo hei ervirruffen, awer ech mengen ech bréicht net esou wäit ze goen.

Mir kréien elo an dëser Woch nach d'Méiglechkeet - an do sinn nach Kollege vu mir, den Här Krieps an den Här Bettendorf, déi dozou kënnen Stellung huelen, besonnesch wat de Rehazenter an de Statslabo ubelaangt, an da kucke mer emol wat d'LSAP alles an der viregter Regierungsperiod falsch gemaach huet.

D'Zäite si schwéier, dat ass richtig. D'Regierung huet eiser Meenung no d'Situatioun fest am Grëff. 84 Milliounen Reserve ginn aus de Reserve geholl. Da muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi vill der nach bleiwen. Mir hunn am Joer 2003 elo nach Statsreserve vu 565,3 Milliounen. Wa mer also déi 84 elo eraushuelen, da bleiwen der nach 470. Dat sinn nach 18 Milliarden där fréierer Lëtzebuerger Frangen. Wann ech kucken, dass mer net un d'Rente ginn, dass et keng Hongerrente méi gëtt, dass mer d'Mammerenten ausbezuelen...

(Interruptions diverses)

Wat heescht hei: an Äre Kreesser?

...an dass mer also net un d'Rente ginn, dass d'Mammerenten ausbezuel ginn, dass mer net un d'Steiere ginn, dass den Accord salarial vun der Fonction publique duerchgezu gëtt, dass d'Leeschtinge bei de Krankekeesen net erofgesat si ginn, sondern déiselwecht bleiwen, dass d'Fleegeversécherung nach wie vor déiselwecht ass, da muss ech soen, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, mir liewen dach awer an engem Land wéi et keen anert gëtt.

■ **Une voix.** - Dat sot Der gutt!

(Hilarité)

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Jo. Dofir froen ech mech... Et ass jo awer einfach. Mir brauche jo awer nëmmen ze kucke bei eis Noperen, wou d'Sozialiste mat deene Gréngen zesummen um Rudder sinn. Si hu missen d'Opposition... Esou wäit si mer jo Gott sei Dank nach net, dass mer d'Opposition brauchen fir de Budget zesummenzekréien, sondern mir sinn an där glécklecher Situatioun, dass mer dat nach kënnen maachen ouni d'Opposition.

Ech kënnt elo nach op eng ganz Rei Saachen agoen, mä ech mengen, ech kann dorobber verzichten zu dësem Zäitpunkt, aus der einfacher Ursaach well mäi Virriedner, besonnesch den Här Weiler, op déi Punkten agaangen ass wat d'Fleegeversécherung an d'Krankekeesen ubelaangt, an den Här Frieden huet op eng ganz Rei aner Punkte geäntwert, och der Opposition, esou dass et fir eis absolut keng Schwierigkeet ass, och des Amendementer vum Budget unzehuelen an dëse gesamte Budget ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibé-

ryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi zweet Ronn, déi mir ëmmer am Kader vun den Amendementer zum Budget maa-chen, ass am Fong ëmmer méi eng Fro an Äntwert oder Reaktiounen zu de Rieden, déi virdru waren, well mir jo schlusslech am Kader vun der Debatt, déi mir d'lescht Woch hei gefouert hunn, eng gene-rell Debatt gemaach hunn an och zu deem Zäitpunkt jo schonn d'Budgetsamendementer virlou-chen a mir se och an där Debatt duerfir scho méi oder wéineger matbehandelt hunn.

Duerfir hunn ech et gutt fonnt, dass den Här Budgetsminister haut virun den Deputéierte geschwat huet, an domadder da Stellung zu den Aus-soen, déi d'lescht Woch hei gemaach si ginn, geholl huet. Ech muss allerdëngs soen, dass ech do-riwwer iwwerrascht war, wéi fein a wéi sachlech de Budgetsminister war, well déi Kritik ware jo trotz-deem awer schaarf a grouss un der Zuel, a wann hien déi relativ fein Approche a minim Approche zu den Äntwerten hei geholl huet, da gesäit een, dass mir d'Regierung wahrscheinlech d'lescht Joer méi un der Wuerzel vun der Wourecht getraff hu wéi mir eis dat a Wirk-lechkeet virgestallt haten.

(Interruption)

Wat sot Dir, Här Minister?

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Dat huet domat ze doen, dass mir ëmmer méi manéierlech reagéieren. Duerfir schwätze mir op eng rouegen Toun, och wa mir zu anere Sätz villes ze soen hätten.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, ech mengen déi gutt Kannerstuf soll een ni vergiessen. Dat ver-rhënnert awer net, dass een zu alle Punkten, déi hei ugeschnidde ginn, Stellung bezitt. Keng Äntwert ass jo bekanntlech och eng Äntwert.

Ech wëll hei e puer Punkten huelen, déi den Här Budgetsminister, Här President, de Mëtteg uge-schnidden huet. Hien huet gesot d'Opposition an och den ADR hätte keng Äntwerte ginn zu enger Rei vu Froen. Zum Beispill bei de Konsumkäschen. Ech menge mir hunn als Partei hei ganz kloer d'lescht Woch drop opmierksam gemaach, wéi d'Masse salariale am Statsbudget an d'Luucht geet.

Mir hunn drop opmierksam ge-maach, dass mir als eenzeg Partei den Accord salarial net gestëmmt hunn, wat sécherlech, Här Minister, net eng populistesch Moosnam war. Well populistesch wier ge-wiescht, wa mir gesot hätten, déi 3,16% ginn net duer, et mussen der zwee oder dräi ginn. Mä mir hu gesot, et gëtt näischt bäi, oder mir sinn der Meenung, déi Augmenta-tioun misst zwar verschobe ginn. Déi Ausso ass méi responsabel wéi populistesch.

Déi, déi an dëser Situatioun gläich-zäitig higinn, wou mir wëssen, dass d'Statsfinanzen erofginn, wou d'Regierung misst en Astellungs-stopp maache fir d'Masse salariale a Grenzen ze behalen, a verteidigen, dass déi Lounaugmentatioun misst stattfannen - dat ass an eisen Aen éischter Populismus wéi ëm-gedréint. An och eng Demokra-tesch Partei ass dobäi. Ech erën-neren hei un d'Spriecher, den Här Gusty Graas zum Beispill, deen hei eng Lanz gebrach huet fir d'Fonction publique, an dee mat engem Lächeln hei an de Sall erage-schwat huet, dass deen Accord sa-larial misst kommen, a wann elo verhandelt géif ginn, dann héchs-tens no uewen, mä net no ënnen,

an egal wat hei an deem Land ge-schitt, neen, deen Accord salarial, dee muss an där doter Form res-pektéiert ginn.

Ech wëll der Demokratescher Par-tei, Här President, soen, dass si och de Leit aus dem Privatsecteur dat mussen erklären, well haut am Pri-vatsecteur d'Leit an de Betriber Nullronne proposéiert kréie fir dat nächst Joer, an exklusiv Nullron-nen, dat heescht dass net nëmmen näischt bäigesat gëtt, mä dass och déi jährléch Avancementer net sol-le stattfannen. Wa Leit am Banke-secteur, déi dat Geld verdéngen, wat de Stat kritt, wann déi mol näischt méi bäigesat kréien, well déi Leit de Risiko mussen droen, dass se hir Aarbechtsplaze verléieren, a si gesinn, dass mat deem Geld, wat si verdéngt hunn, a wat de Stat kritt huet, et do als ganz normal ëmfonnt gëtt, dass op sécheren Aarbechtsplazen, op gutt bezuelten Aarbechtsplazen nach Gehälter musse weider an d'Luucht goen, da mussen d'De-mokratesch Partei an dës Regie-rung de Leit am Privatsecteur, a vir-un allem de Leit am Bankesecteur, erklären, wéi si et normal fënnt, dass déi, déi d'Geld verdéngen, näischt kréien, de Risiko droen, dass se hir Plaz verléieren, an op där anerer Säit eng Aarbechtsplazsécherung besteet, gutt Léin bestinn, an dass déi och nach mussen an d'Luucht goen.

Mir hunn ons Responsabilitéit als ADR iwwerholl a mir hu gesot, mir sinn der Meenung, dass opgrond vun der finanzieller Situatioun vum Stat den Accord salarial net sollt dat nächst Joer exekutéiert ginn. Mir hunn och dofir eng Motioun proposéiert, fir dass och herno jidd-feren heibanne ka Faarf beken-nen a seng Responsabilitéit iwwer-huelen.

Dann huet den Här Budgetsminis-ter hei Beispiller ginn, wat am Laf vun dëser Period u Steiererllichte-rung gemaach si ginn. Steierer-llichterungen, déi mir matgedroen hunn, Steiererllichterungen, déi och iwwerfällég waren. Well wann dann de Stat zu deem Zäitpunkt dës Steiererllichterungen net ge-maach hätt, hätte mir e Budget ge-maach mat 30 Milliarden aler Frang Plus-valuen, fir dat, wat...

(Interruption)

Den Här Bausch seet 40 Milliarden. Mir hätten e Budget mat 40 Milliar-de Plus-valué gemaach. Wier dat zu deem Zäitpunkt vertrieubar ge-wiescht? Neen. Et war also keen anere Choix do wéi zu deem Zäit-punkt ebe Steierermässegunge fir d'Persounen an d'Betriber ze maa-chen, an duerfir si se vun de Par-teie matgedroe ginn.

Mä wat hu mir awer gesot an deem Kader vun de Steiererllichterungen an och d'lescht Woch? Datt, wann de Stat higeet an hien hält de Ge-mengen hir Suen ewech, wéi dat elo am Abléck de Fall ass, an d'Ge-menge mussen dann Taxen- a Steiererhéijunge maachen...

(Interruptions)

Da schlot emol d'Zeitungen dëser Deeg op! Schlot mol d'Lëtzebuer-ger Wort haut op, an da liest Dir mol d'Titele vun de Gemengerots-berichter, déi vun dëser Woch sinn, wou d'Budgete gestëmmt ginn, da fannt Dir praktesch bei all Titel Taxen- a Steiererhéijungen.

Dat heescht d'Gemenge mussen, fir déi Suen, déi se manner kréien, Taxen- a Steiererhéijunge mat deel-weis massiven Erhéijunge maa-chen, fir iwwert d'Ronnen ze kom-men. An den Här Frieden huet de Mëtten hei erkläert vun deene Leit a wéi vill Geld dass d'Leit bei de Steiererllichterunge verdéngt hunn. Mä den Här Frieden huet vergiess ze soen, dass mir 100.000 Leit am Land sinn, déi net konnte vun de Steiererllichterunge profitéieren, an déi 100.000 Leit mussen awer elo d'Steiererhéijungen, déi d'Gemen-gen optéieren, matbezuelen. A wa mir dann déi Steierpolitik hei am Land global kucken, dann ass se sozial ongerecht.

Da muss ee bei dëser Regierung dann als Konsequenz zéien, dass déi, déi vill haten, vill vun dëser Re-gierung kritt hunn, an déi déi näischt hunn oder wéineg hunn, déi kréie vun dëser Regierung och nach vill geholl. Dat ass sozial on-gerecht an dat muss een hei men-gen ech mol kloer an d'äitlech ak-téieren.

Duerfir hale mir och drop, dass d'Negativsteuer soll agefouert ginn, dass mir déi Crédit-d'impôten aféie-ren, fir dass och déi Leit, déi net sou vill verdéngen, kënnen vun deenen Abattementer profitéieren, déi elo nëmmen eng Kategorie vu Leit kënnen verdéngen.

(Interruption)

Ech muss Téi kréien.

Zu de Prioritéiten. Den Här Bud-getsminister huet gesot, hien hätt näischt vu Prioritéiten héieren. Mir hunn eis Prioritéite genannt. Mir hu virun allem gesot, wat fir eng mir net als Prioritéiten ugesinn. Mir hu gesot, mir géife kee Pei-Musée bauen. Mir hu gesot, mir géife keng Rockhal bauen. Mir hu gesot, mir géife kee Schrotthéichuwee kafen an och herno wëlle sanéieren. Mir hu gesot, mir géife keng honnerte Milliounen an e Centre de Confé-rences provisoersch investéieren, wat Steierverschwendung ass, wat Steiergelder ewechgeworf ass. Net méi an net manner ass et. Dat hu mir hei gesot. Da kann also kee kommen a soen, mir hätten net vu Prioritéite geschwat. Dach, mir hu ganz kloer gesot, wat mir net géife maachen.

Da komme mir un de Pensiouns-klau, wat e Pensiounsklau ass an e Pensiounsklau bleift. A wann den Här Frieden de Mëtten hei gesot huet, dass deen Transfert vun de Pensiounskeesen op d'Krankekee-sen näischt mam Budget ze dinn huet, Här President, da géif ech soen, da stëmme mir dem Här Budgetsminister do zou, an duerfir hu mir och en Amendement ge-maach, fir dass den Artikel 48, deen den Transfert légaliséiert, erëm soll aus dem Budget erausgeholl ginn.

A wann den Här Budgetsminister seet, et hätt näischt mam Budget ze dinn, da froe mir eis, firwat deen Artikel elo an den Amendementer drasteet, wou eben déi 130 Milliounen ganz einfach vun de Pensiouns-keesen op d'Krankekeesen trans-féiert ginn.

Den Här Weiler, als gudde Jurist bekannt, huet dann hei vun enger Créance geschwat, déi d'Pen-siounskeese vis-à-vis vun de Kran-kekeesen haten. Här Weiler, dass d'Krankekeesen d'Konsequenze vun engem Gerichtsuerdeel hu misse bezuelen, schéngt mer an engem Rechtsstat eng ganz nor-mal Saach ze sinn. D'Gerichter hunn d'Gesetz applizéiert, a wa mir op eemol mat aacht, néng Joer Re-tard feststellen, dass d'Gerichter 1986 en Uerteel gefällt hunn, en Uerteel opgrond vun engem Ge-setz wat dëst Parlament gestëmmt huet, a mir ginn dann ausgangs des Joers 2003 hin a soen, ma dat Uerteel do, dat gefält eis net, mir maachen dann e Réckwierken, wéi wann dat Uerteel iwwerhaupt net geschitt wär, a mir iwwerweisen dann déi Sue vun der Pensiouns-keess op d'Krankekeess. Ech weess net, wann een anere Jurist dat géif héieren, ob dee géif mam Här Weiler eng juristeschen Auserna-nersetzung iwwert déi doten Iw-erleeunge wëlle maachen.

Weider huet den Här Weiler, Här President...

(Interruptions)

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Quant au fond!

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wat heescht hei „quant au fond“? E Gesetz ass e Gesetz.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Wou gehéiert den Invaliditéitsrisiko hin?

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Ma, Här Weiler, wann Dir der Mee-nung sidd, datt dat net an d’Kran-keese gehéiert, dann hätt Der missen d’Pensiounsgesetz 1986 no deem Uerteel änneren.

Une voix.- 1996.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- 1996.

Dir hutt et awer net geännert, also waart Der mat deem Gerichtsuer-teel...

Une voix.- Et gouf kee Re-cours gemaach.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- An Dir hutt och kee Recours ge-maach, au contraire, d’Pensiouns-keesen hu géint d’Assurée Re-coursé gemaach, déi dergéint ge-klot hunn. Dir hutt dat also esou ak-zeptéiert, da kënt Der elo net hi-kommen an aacht Joer méi spéit soen, déi Sue ginn awer transfé-riert.

An dann huet den Här Weiler hei eng Rechnung gemaach, déi et awer a sech huet. Den Här Weiler huet 20 Joer zrëckgekuckt an huet vun deem deemolege Renteklau geschwat - ech mengen, dat waren eis sozialistesche Kolleegen, déi déizäit duerch d’Land mam Ren-teklau gezu sinn; wann ech mech ka gutt erënneren, waren et siwen oder 28 Milliarde Frang, ...

(*Interruption*)

...déi deemools zur Diskussioun stoungen - a kënt haut heihinner a wëllt soen, well mer deemools déi Suen do aus de Pensiounskeese geholl hunn, oder et ware Schuld-schäiner déi net beglach si ginn, dofir geet et haut de Pensiouns-keesen esou gutt. Dat ass also phantastesch. Datt et de Pensiou-nen haut gutt geet, Här Weiler, dat ass well an der Tëschenzäit esou vill Leit hei an d’Land schaffe komm sinn a Cotisatioune bezue-len.

(*Interruptions*)

An da geet den Här Weiler hin, Här President, an e wëllt domadder rechtfäertegen, wa mer elo erëm fënnef Milliarde klauwe ginn, da muss et eis an 20 Joer nach besser an de Pensiounskeese goen. Dat heescht, wat ech méi Sue klauen, wat et eis herno besser geet. Also, fir déi Milchmädchenrechnung ze maachen, ...

(*Interruptions*)

...do muss een awer scho wierklech gutt sinn. Dat heescht, wat ee méi klaut, wat deem dee geklaut huet herno méi huet, dat kann ech mer mam beschte Wellen net vir-stellen.

Une voix.- Oh, Här Gibéryen, dat do ass Populismus vun héchs-tem Grad.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- An da kann een och, Här Presi-dent, déi Gedanke vum Statsminis-ter vollzéien, deem da seet, ma, dann huele mer och nach d’Sue fir d’Mammerent aus der Pensiouns-keess eraus, well wat mer jo méi eraushuelen, wat mer jo herno méi Bénéfice maachen. Dofir kann een déi Iwwerleeungen do jo verstoen, mä d’Leit am Land, Här President, déi hu genau verstanen ëm wat datt et hei geet.

(*Interruption*)

De Stat kritt säi Budget net méi op an da geet en dohinner, wou dat meeschte Geld ass, an dat ass nun emol an de Pensiounskeese vum Privatsecteur. An d’Leit am Privat-secteur, déi hunn hir Cotisatiounen an déi Pensiounskeese bezuelt fir eng Kéier eng Pensioun ze kréien. An déi hunn net déi Cotisatioune bezuelt, fir datt dës Regierung kann do e Grëff an d’Keess maachen an déi Suen an eng aner Keess transférieren. Dat ass a bleift Renteklau, do kënt der lech dréinen a kéiere wéi Der wëllt.

An dann ass och hei de Mëtte vum Här Rippinger gesot ginn, hei géif

kee sozialen Ofbau bedriwwen ginn. Dach, Här Rippinger, wann Dir haut Suen aus de Pensiounskeesen huet, da rennt Der éischter an déi Rentemauer, wou den Här Juncker elo scho sech eng platt Nues wäh-rend enger ganzer Rei vu Méint ge-holl huet, ouni datt e se begéint huet.

Här President, wann d’Keese ge-holl ginn, da si se éischter eidel, an dem Här Weiler seng Iwwerleeun-gen, déi klappen einfach do net. A wa se éischter eidel sinn, kréie mer éischter Problemer.

An datselwecht hu mer, Här Rippinger, bei der Fleegeversécherung. Wann dës Regierung hir Verpflich-tung vu 45 op 40% kiert fir d’Parti-cipatioun un der Fleegeverséche-rung an domadder d’nächst Joer ee-lef Milliounen Euro manner an d’Fleegeversécherung abezilt, dann huet d’Fleegeversécherung manner Reserven, a wat se manner Reserven huet, wat se éischter a Problemer kënt, ob dat an engem oder an zwee oder dräi Joer kënt, mä de Problem an der Fleegever-sécherung gëtt, duerch dat man-ner Abezuele vum nächste Joer, no vir gezunn, also ass de sozialen Ofbau, wann och net elo, awer méi fréi programméiert, wéi dat virgesi war.

Här President, wéi ech d’lescht Woch hei dat vun dem Trickinicki gesot hunn, do hat ech net ge-duecht, datt dat esou eng Furore am ganze Land géing opbrénge, an et schéngt mer, wéi wann et och getraff hätt, well den Här Budgets-minister huet sech de Mëtten hei och domat befaasst. Wat wollt ech domadder soen?

Ma d’Regierung huet mat enger ganzer Kuerbelbaatsch voll Tricken hei versicht, fir de Budget do an Équilibre ze bréngen. Déi eng Saache sinn direkt erauskomm, wéi zum Beispill den Transfert vun der Fleegeversécherung - dat hat kee matkritt, souguer den zoustännege Minister net. Aner Informatiounen sinn eréischt am Laf vun deene leschten zwee Méint, wéi de Bud-get méi am Detail analyséiert ginn ass, erauskomm, an ech hunn och zum Beispill drop higewisen - an de Kolleeg Asselborn huet dat de Mëtten och gemaach -, datt dës Regierung nach 27 Milliarden aler Frang Schuld a Form vun TVA vis-à-vis vun de Betriber an de Privat-persounen huet.

Dat ass en Trick fir dat Geld an der Statskeess dranzehalen, well soss géif en net higoen an e géif se zrëckbehalen, an dat an engem Moment wou mer virun engem gudden Joer hei e Gesetz gestëmmt hunn, wou mer am Fong gesot hunn, datt d’Leit, déi en niddregen Taux kréien, bei Embauten, bei Neibauten vun 3%, net méi bräich-ten d’TVA virzefinanzéieren an da Formularen ausfëllen, fir e Re-mboursement ze kréien. Mir hunn d’Gesetz geännert a mir hu gesot, ma déi Leit kënnen direkt eng De-mande maachen an da kréie se vun Ufank un hir 3% déi se nëmme méi brauchen ze bezuelen, da spuert d’Verwaltung onwahrschein-lech vill Aarbecht, fir datt mer d’Re-tarden an der TVA kënnen opschaf-fen.

An obschonn elo déi vill Aarbecht gespuert ginn ass, ass déi gewon-nen Zäit net geholl gi fir d’TVA aus-zebezuelen, mä si ass geholl gi fir de Rescht TVA méi séier eranze-zéien, well déi Leit vum Enregistre-ment hunn eis an der Kommissioun kloer gesot, datt se an der Moy-enne bei 57 Deeg leien, wat d’En-caisséieren ubelaangt. Wat wierke-leche e Rekord ass, sou no ware se nach ni bái mam Akasséieren; 57 Deeg an der Moyenne si se bái.

Awer gläichzäiteg ass d’Zomm vun deem Geld, wat misst rembour-séiert ginn, vun iwwer 400 Milliounen Euro 2002 elo de leschte Sep-tember 2003 op iwwer 620 Milliounen Euro geklommen. Dat heescht, d’Schold vum Stat vis-à-vis vun de Betriber ass enorm grouss ginn an et ass eng Schuld; an et steet jo och esou an den Avisen zum Bei-

spill vun der Cour des Comptes. An ech hunn dofir och gesot, wann d’Regierung misst higoen, souwéi mer en Uerteel hunn, a si misst se an dräi Méint bezuelen, da misst den Här Frieden de Schlëssel ën-nerd d’Dier leeën a sengem Minis-tère. An dat nenne mer Tricken oder Trickinicki. Obschonn ech hei wëll soen, datt nach laang net all Nicki en Trickinicki ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war dat zu dem pluri-anuelle Plang dee mer gemaach hunn.

Dann huet, Här President, den Här Budgetsminister haut de Mëtten hei permanent esou gemaach, wéi wann d’Oppositioun wëllt eppes un d’Mauer molen, wéi wann et dem Land an zwee Joer net méi géing gutt goen. Hien huet wëllen hei be-weisen, dass, wat vun der Opposi-tioun a vum Rapporteur a sengem Rapport jo och opgrond vu Graphi-ken ënnermauert ginn ass, dass 2006 déi Haaptfongen eidel wären, dass d’Provisiounen bei de Banken opgeschafft wieren, mir do géife Schwaarzmolerei maachen.

Ech wëll hei zitieren, wat den Här Statsminister d’lescht Woch hei ge-sot huet - oder d’viregt Woch war et, wéi en hei iwwert de Budget geschwat huet, wéi de Budget hei am September abruecht ginn ass, also d’lescht Woch -: «Wann déi wirtschaftlech Erhuelung net géif kommen a wann déi Finanzkrees-leef net kënnen esou hiergestallt gi wéi mer se fréier haten, da géife mer am Joer 2004 an am Joer 2005 iwwert d’Distanz komme weinst dem erspuertene Reservekapital, wat mer an deene leschte Joren accumuléiert hunn, mä da vum Joer 2006 un an enger Situatioun wären, wou mer aner Moosname mussen ergräifen»; dat huet den Här Juncker d’lescht Woch gesot. An den Här Juncker seet da sel-ber: «Ech hu selwer gesot, dass wann et net zu enger daitlecher Erhuelung vun der Economie kënt, an dass dat déckert Enn dann am Budget 2006 do ass an dass mer da mussen agéieren. An dat maache mer och dann. A wann dat déckert Enn schonn am Joer 2004 komm wär, dann hätte mer fir d’Joer 2004 agéiert. » Wat läit an där Ausso do? Do leien zwou Tat-saachen dran.

Déi éischt Tatsaach, déi dra läit, ass, datt den Här Statsminister dat confirméiert wat d’Oppositioun hei-banne gesot huet, datt 2006 d’Kee-sen eidel sinn, datt nâischt méi do ass an datt da muss agéiert ginn. An dat zweet, Här President, wat nach méi wichteg ass, dat ass dat wat d’Oppositioun och gesot huet, datt déi Regierung hei net à même ass ze reagieren. Well wann ech weess, datt mer 2006 an déi dote Situatioun kommen, a mir wëssen och haut, datt déi wirtschaftlech Relance net bis dohinner kënt, a wa mer och d’nächst Joer géifen en hallwe Prozentpunkt an d’Luucht goen, hätt dat absolut op d’Finanze vum Stat an deene Bud-geten duerno kee rouden Cent Re-perkussioun. Dat heescht, mir wës-sen also, datt mer 2006 an déi dote Situatioun kommen, a fir dann haut hei ze soen, wa mer dann dohinner kommen, da reagiere mer, ass e kapitale Feeler, deem dës Regie-rung mécht.

D’Regierung huet de kapitale Feeler awer net nëmme haut ge-maach, si huet en och schonn d’lescht Joer gemaach. Well spëitstens zu deem Zäitpunkt wéi mir 2001, 2002 am September ge-wuer gi sinn, datt mer 2001 kee Wirtschaftswuesstum wéi ugeholl vu 4,5%, mä nëmme méi vun 1,2% hätten, spëitstens dunn hätt d’Re-gierung misse finanzpolitesch ëm-denken an d’Land op d’Zukunft preparéieren. Mä et ass riicht wei-dergefuer ginn. Dës Chamber huet riicht weider Projete virgeluecht

kritt, nach virun e puer Wochen hu mer hei d’Héichuewen an de Centre de Conférences virgeluecht kritt, wou d’Geld zur Fënster eraus geworf gëtt a wou gemaach gëtt, wéi wa mer nach am Floribus géife liewen.

Dat ass dee grouse Reproche, deem een dës Regierung ka maachen. Si huet net reagiert a si ass haut nach net bereet ze rea-gieren. Obscho se weess, datt mer 2006 an där Situatioun sinn, seet se, mir waarde bis mer 2006 sinn an da reagiere mer. An dat ass dat, Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, wat mer och ëm-mer gesot hunn, dës Regierung ass net wëllech, net à même fir haut d’Problemer ze léisen, mä hi-ren eenzege Problem ass fir iwwert den 13. Juni ewech ze kommen, an da geet et hei net besser wéi et an Däitschland gaangen ass. D’Leit kréien d’Wourecht an d’Konse-queren vum där heiter Politik no dem 13. Juni ze spieren, an dofir ass och no dësem supplementare Rapport keng Verbesserung age-droen, mä et ass genau dat confir-méiert ginn, wat mer d’lescht Woch gesot hunn, an dofir ass et och selbstverständlech, datt mer haut dësem Budget wäerten eis Zoustëmmung verweigeren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d’Wuert.

M. François Bausch (*DÉ GRENG*).- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech wëll net erëm eng Kéier meng Budgetried vun der leschter Woch widderhue-len. Wat zum Budget insgesamt ze soen ass, an och am Detail do ass, hunn ech alles gesot d’lescht Woch, an do huet sech och kee Komma dru geännert duerch d’Amendementen an och net duerch de Rapport complémentai-re. Dovunner ofgesinn, d’Amende-menter hu mer jo scho kannt d’lescht Woch, wéi mir hei disku-téiert hunn.

Ech wëll awer profitiere fir zu en-gem Punkt Stellung ze bezéien, well deem zum Schluss d’lescht Woch an der Diskussioun hei op-komm ass, a well do Saache gesot gi sinn, déi net deem entspreche wat d’Realitéit ass, an zweetens do hannendru sech eigentlech eng Diskussioun verstoppt, déi menger Meinung no ganz interessant ass, déi ech och zum Deel a menger Budgetsried schonn opgeworf hunn, an déi virun allem an der Le-gislaturperiod 2004/2009 eng gréisser Bedeitung wäert hunn.

Déi lescht Woch ass hei an esou enger Aart Tëschenintermezzo të-schent dem Här Bettendorf an dem Här Frieden eng Diskussioun lan-céiert gi ronderëm de Forfait d’éducation. Ech hat eis Positioun deem Dag virdrun zum Forfait d’éducation matgedeelt. Ech hu gesot wat eis Positioun um Ren-tendesch war zu deem Sujet, an ech hunn och gesot, datt dat eng Mesure wär, déi mir als falsch em-fannen, an datt een déi Suen zum Beispill hätt solle fir aner Saachen asetzen, hätt sollen asetze fir de Sozialstat op aneren Niveauen of-zesécheren, an ech wëll kuerz erklären, wat ech domadder nach eng Kéier gemengt hunn.

Ech muss awer soen, datt déi Aus-soen, déi mer dunn hei zu Ouere komm sinn, mech zum Deel erschreckt hunn, well net nëmme hei gesot ginn ass vum Budgetsmin-ister, eigentlech wär de Forfait d’éducation um Rentendesch zu engem gewëssene Moment e Kon-sens gewiescht. Dat stëmmt net, mä virun allem war effektiv dee Punkt vun Ufank un total ëmstrid-den, datt dee Forfait d’éducation do soll finanzéiert ginn iwwert d’Rentekessen. Mä wann ech hei soe Rentekessen: Dir wësst jo iwwer wat fir Renten datt mer um Rentendesch geschwat hunn. Dat sinn d’Renten aus dem Privatsec-teur gewiescht, dat heescht, et war fir mech, an dat hunn ech vun

Ufank un ëmmer gesot, niewent dem Aspekt, datt mir souwisou net fir dee Forfait d’éducation waren, wär et wierklech awer dunn en ab-solute Skandal gewiescht, wann deem och nach finanzéiert gi wär iwwert d’Rentekessen, well an der Konsequenz hätt dat bedeit, dat hunn ech och deemools gesot, och an aller Öffentlechkeet, datt zum Beispill Frae vu Statsbeamten aus de Pensiounskeese vun de Privat-beamten e Forfait d’éducation be-zuelt kritt hätten. Dat wär sécher-lech net nëmme global gesinn, wéi den Här Gibéryen gesot huet elo virdrun, e Renteklau gewiescht sondergläichen, mä et wär doriw-er eraus gesinn och nach menger Meinung no en zolitte Skandal ge-wiescht, well hei mat Gelder, déi jo awer schlussendlech deene Leit gehéieren, déi se abezuelt hunn, aner Leit eppes ausbezuelt kréien, déi do ni abezuelt hunn.

Mä doriwwer eraus gesinn, si mir der Meinung gewiescht, datt dee Forfait d’éducation deemools um Rentendesch - mir wäer katego-resch dergéint - eistem Statsbudget an deenen nächste Joren nach vill ze schafe wäert maachen, an datt en och iergendwann eng Kéier souwisou net méi ze finanzéiere wär. Ech hu gesot d’lescht Woch, spëitstens zu deem Zäitpunkt wann déi éischt Kloen, déi zu Bréissel jo schonn agaange sinn, souwäit ech weess, vun auslännesche Matbier-ger, déi zu Lëtzebuerg gelieft hunn, déi net vum Forfait d’éducation profitieren, eng Kéier gesprach ginn, datt mer warscheinlech ver-donnert ginn. Dat woust och sou-wisou all Mënsch, dat hunn op alle Fall d’Experte vun der Sécurité so-ciale eis um Rentendesch ëmmer gesot, datt se eis keng Garantie kënte ginn, datt an e puer Joer, wann eng Kéier do géing geklot ginn, Lëtzebuerg géing verklot ginn an datt mer se missten och ausdeenen op all Fraen, déi zu Lët-zebuerg gelieft hätten. Dat heescht am Klortext, datt mer se missten och exportéieren, an dat spëitstens e Käschtepunkt gëtt, dee fir de Statsbudget net méi ze droen ass. Dat war um Rentendesch och alles gewosst, dat huet jiddereen och gesot.

Elo si mer an der Situatioun, datt d’Statskeesen net méi esou gefëllt sinn. Ech behaapten, och wann de Rentendesch stattfonnt hätt am Joer 2003 an net am Joer 2000, da wär och d’CSV nimools op déi Iddi komm, fir déi dote Propos ze maachen. Mä mir sinn an engem Enk-pass an d’Regierung entdeckt nat-ierlech elo relativ séier, datt dat an deenen nächste Joren zu engem gréisseren Problem féiert. Si weess awer, datt et relativ müsseg ass fir am Parlament dat ze diskutieren, well se weess, datt um Ren-tendesch, ausser d’CSV, all aner Parteien dogéint waren, fir dat iwwert de Budget ze finanzéieren, inklusiv eng Regierungspartei, an dofir geet se dann hin a si versicht klammheemlech iwwert d’Tripartite déi Diskussioun nach eng Kéier eranzebréngen, esou hannert ver-schlossenen Dieren déi Diskus-sioun nach eng Kéier ze entfachen, an der Hoffnung do e Konsens ze fannen, d’Gewerkschaften och vläicht op d’Glatäis ze lackelen, an datt déi och nach mat esou enger Mesure kënten d’accord sinn.

A mir wësse jo alleguerten, an ech hunn dat deemools och gesot, wéi dee Forfait d’éducation vun der CSV proposéiert ginn ass, dee war reng, reng, reng aus elektorale Grënn deemools op den Dësch komm. Do ass e ganz einfache bël-lege Calcul gemaach ginn, datt een iwwert dee Wee eng ganz Ka-tegorie vu Leit, well et war jo keen deem dat gefrot huet, ausser enger Associatioun, a wéi den Zoufall et wëllt, ass d’Presidentin vun där As-sociatioun jo och bei der CSV op der Lescht fir d’nächst Chambers-wahlen, esou datt een och gesäit, datt mindestens déi elektoral Iwwerleeungen, déi matgespillt hunn um Rentendesch, voll agetrat sinn an der CSV e gewëssene Benefiss scho bruecht hunn an deem Sënn.

Mä doriwwer eraus gesi war dat e rengen elektorale Calcul, deen do gemaach ginn ass. Deen hat glat a guer näischt ze di mat Rentege-rechtegkeet. Deen hat och glat a guer näischt ze di mat an d'Zukunft kucken, well wann een an d'Zukunft hätt wëlle kucken an deem dote Beräich, ...

(Interruption)

...dann hätt ee missen eppes maachen, Här Strotz, an ech si frou datt Der deen Tëscheruff gemaach hutt, nämlech datt éischstens all Fraen dovum profitéieren hei am Land, a virun allem déi, déi et wirklech brauchen, well déi kréie jo souwisou hei näischt. Dat stellt sech entre-temps jo ëmmer méi eraus. Dofir hutt Der jo och ëmmer méi Misär an Ärer eegener Partei.

(Interruption)

Da sot mer emol, Här Strotz, eng Fra, déi zum Beispill mat 54 Joer gescheet gëtt, an déi da virum Näischt steet am Pensiounsalter, wat mécht déi mat deenen 3.000 oder 6.000 Frang, déi se kritt?

Wär et net besser gewiescht, Här Strotz, Dir hätt...

(Interruption)

Mä de Gros vun den Hungerrenten, Här Strotz, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, déi baséieren op esou Situatiounen.

Wär et net besser gewiescht, Dir wäert mat eis op dee Wee gaangen dee mir virgeschloen haten an ze soen, mir kucken eng Léisung ze fannen, fir datt déi Hungerrenten insgesamt aus der Welt geschaaft ginn a bauen en individuelle System op, dat heescht mir kucken, datt och déi Fraen, déi effektiv während 25 Joer bei engem Mann den Haushalt gemaach hunn an dee se dann hänke léisst mat 54 Joer, datt déi Urecht hunn op eng dezent Rent nom Alter vu 60 Joer, an deemtsprichend individualiséiert Rechter generell laangfristeg agefouert gi wären, a kuerzfristeg diskutéiert gi wär iwwert de Splitting am Rentensystem, fir datt déi Frae kënnte vun enger uerdentlecher Rent profitéieren?

Wär et net, Ärer Meinung no, méi sënnvoll gewiescht, datt mer dat gemaach hätten, wéi datt mer esou bëllege elektoral Kadoo maache wéi déi, déi mer hei maachen, déi en plus kee gefrot huet, ausser vläicht eng Associatioun, déi gemengt huet, si hätt do eppes immens Guddes an d'Welt gesat, wéi se dat dote proposéiert huet?

(Interruption)

Här Strotz, dat war alle bewosst, och deenen um Rentendesch, an elo sti mer virum Dilemma, datt mer effektiv dat doten net méi kënne finanzéieren.

Ech kann nëmme staunen, wann ech déi Diskussioun vun der Rentemauer an de leschte Jore verfollegt hunn, a wann een déi eeschst hält, se kënnt jo schlussendlech awer vum Premier a vum Finanzminister, a vill Saachen, déi e seet, sinn och net falsch an deem Kontext, vill Saachen hunn ech ëmmer hei gedeelt a sengen Analysen, a wann een déi Analys mécht, wou kann een dann iwwerhaapt op d'Iddi kommen, fir esou eppes wéi dat doten och nach iwwert d'Rentekeess vum Privatsecteur ze finanzéieren, wann ee souwisou schon der Meinung ass, datt dat, wat 2000 drop gefracht ginn ass um Rentendesch, eigentlech schon ze vill ass? Wou kann een dann nach op d'Iddi kommen, fir dat doten an Zukunft iwwert den normale legale Rentensystem vum Privatsecteur wëllen ze finanzéieren?

Här President - an dat hunn ech scho méi wéi eng Kéier hei gesot, nach d'lescht Woch am Kader vu menger Ried -, déi Gréng sinn der Meinung, dass mer e qualitativen héichwäertege Sozialstat brauchen. Do musse mer erëm eng Kéier eng seriö Diskussioun féieren, wat e qualitativen héichwäertege Sozialstat ass. Ech sinn der Meinung, datt sech hannert där

Iddi eigentlech verstoppt, datt mer en Netz brauchen, fir datt déi Sozialschwaach kënnen an eiser Gesellschaft opgefaange ginn, datt mer eng Grondofsécherung fir all Mënsch an eiser Gesellschaft brauchen, déi esou ass, datt d'Grondofsécherung fir all Mënsch garantéiert ass, datt zu engem gudde Sozialstat awer och Selektivitéit gehéiert an ee sech muss Gedanke maachen iwwer alles dat, wat een nach do drop prafft, ob dat och Sënn mécht, an ob een net, doduerch dass een ëmmer nëmmen drop prafft, virun allem wann et ondifferenzéiert ass wéi de Forfait d'éducation, doduerch de Sozialstat mëttelfristeg un d'Kippe bréngt. Dat ass dee Risiko, deen duerch oniwuerluechte Mesuren, op alle Fall an deem do Beräich, dës Regierung agaangen ass.

An dann, wann ech gelift, soll een elo net heihinner kommen an déi-jéineg wëlle beschëllegen, déi näischt mat deenen Décisiounen ze dinn hunn, well wéi mer déi Décisiounen hei am Parlament gestëmmt hunn, hu mir dergéint gestëmmt, an dat aus gudde Grënn, wéi sech haut erausstellt.

2004/2009, Här President, gëtt eng schwierig Legislaturperiod, dat hunn ech och d'lescht Wocht hei gesot. Dorun ass näischt méi ze rüttelen, an déi Analys vun der Zentralbank, déi mer gëschter presentéiert kritt hunn an déi mer de Muere konnten an den Zeitunge liesen, déi bestätegt total dat wat op eis zoukënn 2004/2009. Et ass esou, datt am Contraire zu deem, wat d'CSV-DP-Regierung 1999 virfonnt huet, wéi se ugetratt ass, déi nächst Regierung, egal wéi se wäert ausgesinn, net wäert kënne an engem Klima vu Frieden, Freude, Eierkuchen a vun eitlem Sonnenschein regéieren, mä mat enger schwieriger Situatioun wäert mussen eens ginn.

Egal wat dës Regierung de Moment zielt, dës Budget 2004 ass sécher kee Wahlkampfbudget am finanzielle Sënn, mä an engem politesche Sënn ganz sécherlech. Dës Budget 2004 ass dee leschte vun der CSV-DP-Koalitioun, an ech hoffen, datt 2004/2009 eng aner Regierung dëst Land regéiert, well et ass net egal wat fir eng Regierung 2004/2009 dëst Land wäert regéieren. D'Zuele beleeden dat. Mir sinn op alle Fall als Gréng der Meinung, datt dës Koalitioun net déi gëeegent ass fir 2004/2009 d'Land ze regéieren, a mir hoffen dofir, datt dës politesche Wahlkampfbudget dee leschten ass, dee vun dëser Koalitioun verofschiet gëtt. Mir op alle Fall stëmmen dergéint.

■ M. le Président.- Den Här Weiler an den Här Jaerling froen d'Wuert. Här Weiler, et ass un lech.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech sinn inspiréiert ginn, wéi ech de Kolleeg Asselborn héieren hu seng Ausféierunge maachen. Ech hat gemengt, mir wäre bei der Debatt vum Här Haldorf iwwert de Rapport complémentaire, an et hat all Mënsch gemengt, dat war elo hei relativ séier gedoen, mä dunn ass de Spëtzekandidat vun der LSAP op d'Tribün komm an huet eis eng politesch Ried gehalen.

Villes war d'lescht Woch vu senge Kollege gesot ginn. En huet dat nach gewürzt mat e puer politeschen Iwwerleeungen, mä wat ech vermessen, dat ass datt en näischt Konkretes zum Budget gesot huet, deen eis hei virält. Ech hat mer erwaart, datt de Spëtzekandidat vun de Sozialisten, dee jo, an dat ass legitim, zu Höherem hei am Land strief, datt deen op d'Tribün géif kommen an der Regierung géif soen, wo es lang geht, wou dann elo d'Piste wären. D'Problembeschreiwung, déi hien hei gemaach huet, déi war d'lescht Woch vu senge Kollege gemaach ginn, mä wou den Zuch soll higoen... Här President, speziell wéi mer héieren hunn, datt den Här Asselborn fir 40 Minutten ageschriwwen wär, do hate

mer geduecht, elo kënnt et, elo gi mer gewuer, wou dat Land hei an déi Regierung hei falsch leie mat hirem Budget, a wou d'Akzenter missten aneschtens geluecht ginn.

Dat, Här President, dat hu mer net héieren, dat deet mer Leed. Et gëtt vläicht eng Ursaach, firwat datt mer dat net héieren hunn. Ech hunn e Kommentar fonnt, dee virun e puer Deeg e Journalist op engem Radio gehalen huet, wou een net ka soen, datt en eis oder där Koalitioun hei géif no stoen, bien au contraire, e steet eis guer net no, mä deen huet gesot am Hibleck op déi Sondagen, déi gemaach gi sinn a leschter Zäit an déi de Sozialiste jo net dee foudroyante Sieg prognostizéieren, wéi si sech e vläicht geduecht haten, do stellt en dann d'Fro: Wéisou kann dat esou sinn, déi si jo elo an der Opposition, déi missten elo do kommen, déi misste vum Oppositionsbonus an esou weider profitéieren, awer dat schéngt net de Fall ze sinn? Et schéngt dorunner ze leien, datt et kloer an alternativ Positiounen vun der LSAP zu de Problemer vun de Leit net gëtt, an dat d'Ursaach wär, firwat datt se net virukommen. Kloer an alternativ Positiounen gi vermësst vun engem Journalist, dee ganz sécher - ech kann och den Numm nennen, wann et gewënnsch ass - eiser Partei an dëser Koalitioun net no steet.

A wann ech dat esou héieren a liesen, da verstinn ech vläicht, firwat datt den Här Asselborn net méi an den Detail gaangen ass mat deem, wat en hei proposéiert huet.

Ech wëll mol fir d'éischt soen, datt wann hei behaupt gëtt, an de Spëtzekandidat vun de Sozialisten huet dat gemaach, datt d'CSV géint d'Tripartite war an de 70er Joren, wéi déi agefouert ginn ass, ass dat falsch. Et ass einfach falsch.

(Interruption)

Neen, Här Asselborn, Dir sidd jo een, dee gären an d'Geschicht erëmwulle geet, an dofir hat ech gemengt, well ech weess, datt Der e bëssen dovunner kennt, datt Der dat heiten och wéisst. D'CSV war deemools dergéint, datt d'Vetorecht vun de Gewerkschaften iwwert d'Décisionungsgewalt vun der Chamber sollt gestallt ginn, an Dir hutt haut de Mëtten esou vill vun der Chamber geschwat, an datt d'Chamber sollt am Vierdergrond stoen. Et gong eis net géint d'Tripartite, bien au contraire, mir ware mat der Institutioun Tripartite d'accord, mä et war deemools geplangt, datt d'Gewerkschaften e Vetorecht kiten. Et war e Vetorecht vun de Gewerkschaften. Et war dat, wat mer deemools monéiert hunn, wou mer net dermat d'accord waren, an dofir sinn ech net d'accord, wann hei gesot gëtt, datt d'CSV géint d'Tripartite war. Et ass einfach falsch.

A wann den Här Asselborn hei seet, den Här Juncker hätt gesot, d'Gesetz iwwert d'Renten am Privatsecteur, dat wär e schlecht Gesetz, da fuerderen ech en op nozeweisen, wou dat do gesot ginn ass. Dat ass ni gesot ginn. Bien au contraire, de Statsminister huet méi wéi eng Kéier gesot, datt am Privatsecteur fir d'Renten eppes misst geschéien. Wat allerdéngs stëmmt, dat ass datt en ëmmer erëm gewarnt huet a gesot huet, mir mussen oppasse wéi wäit datt mer ginn, well mer vun engem wirtschaftleche Wuesstum ausgaange si vun...

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Weiler, ech wollt lech just froen, well den Här Statsminister dat jo gesot huet, datt mer riskéieren an d'Rentemauer ze rennen, wat dann elo d'Proposition vun der CSV am Hibleck op déi nächst Wahlen ass, wat am Rentewiesen am Privatsecteur soll geschéien?

Dat ass meng einfach Fro. Dat ass déi Fro, déi ech gestallt hunn.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ass hei elo eng Debatt tëschent der Opposition an eis? Ech weess et net!

Här Asselborn, et ass am Gesetz virgesinn, datt mer all siwe Joer eng Iwwerprüfung maache vun der Finanzsituatioun vun de Kee-sen. Dat wäert geschéien. Dat ass an de Joren 2005 an 2006 de Fall, an da wäerten déi zoustänneg Parteie sech zesummesetze fir ze kucken...

(Interruption)

Majo selbstverständlech, a wat soll dat?

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir kënnt dach net dat eent an dat anert soen! Dir sot, et wär e gutt Gesetz, an de Statsminister huet awer och Recht wann e seet, et wär kee gutt Gesetz!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, dat huet en ni gesot! Ech wär frou, Här President, wann den Här Asselborn mech elo net méi géif ënnerbrieche an nach weider hei Saachen an d'Welt setzen, déi einfach net stëmmen. De Statsminister huet ni gesot, an ech fuerderen den Här Asselborn op, hei um Greffe beim Chamberspräsident een Zitat vun him virzeleeën, wou e gesot huet, dëst wär e schlecht Gesetz. Dat ass ni gesot ginn, an dofir verbidden ech mer, dass hei gesot gëtt, dat wär esou gewiescht.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- D'Jesuite schwätzen esou. Haalt dach nëmmen op domat!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Jo mä, Dir kommt hei op d'Tribün an Dir behaupt Saachen, a wann een lech do net...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Loosst den Här Weiler schwätzen. Wann een net d'accord ass, wann eppes net richtig ass, kann ee jo d'Wuert verlaangen.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech si ganz fein.

■ M. le Président.- Här Weiler, fuert weider.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, da muss ech e Wuert soe wat de Spëtzekandidat vun de Sozialisten hei gesot huet, iwwert d'Tripartite, wou en d'Tripartite hei u sech op d'Schëpp geholl huet an déi...

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech hu se dach net op d'Schëpp geholl!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, mä Dir hutt geschwat dass dat esou e Club wär, dee manipuléiert géif ginn, Leit, déi sech manipuléiere géife loosse, vu wem weess ech net, mä ëmmerhin.

(Interruption)

Här President, ech géif elo den Här Asselborn bieden, ech hu virdrun hien och..., ech hunn hien zweemol, mengen ech, ënnerbrach. Da géif ech elo ëm e bëssen Héiflechkeet bieden, dass och en anere Riedner hei op der Tribün... Den Här Asselborn huet vill Saache gesot, déi eis net gaange sinn, mir hunn en awer schwätze gelooss, Héiflechkeet un den Dag geluecht. Ech géif mir dat och hei vum Här Asselborn erwaarden, Här President.

(Interruption)

Wann hei gesot gëtt, d'Tripartite géif sech manipuléiere loosse, da kënnt dat jo drop eraus, dass dat esou e Club ass vu Patronen a Gewerkschaften, déi do vun engem oder vun enger ganzer Regierung

kënne manipuléiert ginn. Ech muss soen, et ass interessant ze héiere wat fir eng Meinung dass de Spëtzekandidat vun deem Instrument vum Lëtzebuerg Sozialmodell huet. A wann dann hei gesot gëtt, dass hei de Krankekesendefizit déi Problematik war, déi net an d'Tripartite gehéiert huet, da kann ech nëmme feststellen, Här President: D'Gewerkschaften an d'Patronat hu gefrot, fir déi dote Fro an der Tripartite ze erörteren. An notammet d'Patronat war d'accord fir an där Diskussioun an deem Kader matzemaachen, well et hei wäit erausgaangen ass iwwert dee Krankekesendefizit, dee mir hei haten. Mä hei goung et och ëm d'Kompetitivitéit. Et war hei eng Fro vu Cotisationsen, déi am Raum gestanen hat, vu Cotisationserhéijungen, dat war eng eminent wichtige Fro fir d'Lëtzebuerg Patronat, an et war dat d'Ursaach, well dat hei mat drugehaangen huet, firwat dass déi Fro do am Kader vun der Tripartite huet sollen, missen a kënnen diskutéiert ginn.

An den Här Asselborn huet jo virdrun esou vill hei geschwat vun der Wettbewerbsfäegkeet, dat war jo fir hien e ganz wichtige Punkt. Hei war e wichtige Punkt dee Moment wou et driwwer hiergaangen ass: Wéi finanzéiere mer? Finanzéiere mer iwwert de Wee vum Budget, finanzéiere mer iwwer Leeschtungsverschlechterungen, finanzéiere mer iwwer Cotisationserhéijungen? A well d'Cotisationserhéijungen am Raum stoungen, war et eng evident Fro, dass déi Fro do am Kader vun der Tripartite géif analyséiert ginn.

■ Une voix.- Hutt Der den Avis vum Conseil d'État gelies?

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, jo, ech hunn den Avis vum Conseil d'État gelies. Här President, ech wëll hei nach e puer Wuert soen zu den Amendementen vun der Opposition. Den ADR huet de Courage gehat fir der eng Partie hei ze presentéieren, ech komme gläich dozou, mä ech wollt nach zu aneren Amendementen schwätzen. An ech muss natierlech soen: Zu den Amendementen vun de Sozialisten, do ass et schwéier ze schwätzen. Et goufen esou Miniamendementen an der Kommissioun, iwwert d'Investissementsfongen, mais pour le reste gesinn ech keen um Dësch.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Weiler, mir kënne awer eis Strategie opbaue wéi mir wëllen. Mir stëmmen Äre Budget net, da brauche mer net ze amendéieren! Dat ass dach eise Problem.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Mä, Här Asselborn, et ginn esou vill Gesetzer hei an der Chamber, déi d'Sozialisten net stëmmen, wou awer ëmmer erëm Amendementen vun hinnen hei abruecht ginn. Ech kéint lech x Beispiller hei zitéieren. Mä just hei beim Budget, dem Hauptgesetz, dat wou d'Orientéierung fir dëst Land fir d'nächst Joer...

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- All Amendementen, déi mir an der Vergaangenheet zu de Budgeten abruecht hunn, sinn ëmmer hei ofgeleent ginn. Dir hutt esouguer refuséiert, se eng Kéier un de Conseil d'État weiderzeginn!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Dat spillt jo keng Roll! Dir kënnt jo awer...

(Brouhaha général)

Här President, ech stelle fest, zu deem wichtigste Gesetz, wat mir dëst Joer ze stëmmen hunn, wat terribel contestéiert ass vun de Säite vun der Opposition, an notament vun de Sozialisten, läit net een eenzegem Antrag vir, net een eenzegem Amendement, fir och nëmmen e Jota un dësem Budget ze änneren.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Dann hätt een de Budget ganz missen nei schreiwen.

(Interruptions diverses)

Dat maache mer d'nächst Joer.

■ **M. le Président.** - Fuert virun, Här Weiler, loosst lech net provo-zéieren, fuert virun, dann hale se vum selwen op.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, wa mer héieren hunn, wat d'lescht Woch an och nach haut hei... Här President, et ass onméiglech fir hei ze schwätzen, well am Sall méi Kaméidi ass, dass ee säin eegent Wuert net versteet!

(Interruptions diverses)

Oh, Här Bartolomeo, waart emol nach ee Moment, ech kommen nach direkt bei lech!

(Interruption)

Här President, ech wëll hei soen, wann ee gesinn huet, wéi d'lescht Woch hei vun der Opposition d'Situatioun vum Land beschriwwen ginn ass, eng extrem eescht Situation, vill Suerge gi sech gemaach, alles wäert zesummefale wéi e Kaartenhaus, et gëtt net preventiv gehandelt, d'Dotatioun vun de Fongen ass dramatesch erofgesat ginn an et gëtt iwwerhaapt keng Maîtrise vun den Dépenses courantes. Dat sinn, Här President, extrem grave Reprochen, déi d'Opposition hei un d'Adress vun der Regierung adresséiert. An da muss ech lech awer soen, wat ass dat da fir eng Opposition, déi d'Land gesäit virum Ofgrond stoen, mä déi net emol de Versuch mécht fir mat engem Amendement, fir mat enger konkreter Proposition d'Rudder hei erëmzeräissen? Wat ass dat, Här President, fir eng Opposition, déi de Stat praktesch virun der Zahlungsonfäegkeet gesäit an déi net emol d'Tentative mécht, net een eenzege Versuch mécht, fir d'Regierung vun deem anebleche Faillitékurs ofzebréngen?

(Interruption)

Neen, den Här Bodry huet d'lescht Woch hei gesot, et wär volkswirtschaftlech onverantwortlech a grondfalsch wat hei a verschidde Beräicher gemaach gëtt. Do stellen ech d'Fro: Wat ass dat fir eng Opposition, déi seet, dee Wee, deem Dir ageschloen hutt, deem ass volkswirtschaftlech grondfalsch, an déi net eng eenzeg Proposition mécht fir hei konkret ze soen...

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Et ass net un eis fir hei d'Aarbecht vun der Regierung ze maachen!

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Neen, neen, Dir sidd net do fir d'Aarbecht vun der Regierung ze maachen, mä mir wéisste gären...

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Mir kënnen och de Budget opstellen, wann Dir dat wëllt. Ech wëll!

(Brouhaha général)

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, mir wéisste gären, wann d'Sozialisten de Finanzminister géife stellen, wou dann d'Rees géif hiféieren.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Dir hutt souwisou scho sechs Méint virun der Zäit ofgedankt.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Et ass de Privileg vun der Opposition, an heiansdo vun der Majoritéit, fir d'Regierung ze kritiséieren an d'Politik ze attackéieren, déi gemaach gëtt, well et och hir Roll ass fir ze kontrolléieren. Mä et ass awer net nëmmen e Privileg fir ze kritiséieren, et gëtt och eng Pflicht fir Faarf ze bekennen a fir Propositionen ze maachen. De sozialistesche Spriecher huet d'lescht Woch hei gesot: „L'opinion publique a le droit“, d'Opinion publique huet d'Recht fir ze wësse wat lass ass. D'Opinion publique huet net nëmmen d'Recht fir ze wësse wat d'Regierung proposéiert, d'Opinion publique huet och an engem kruziale Moment wéi

deem heiten, wou d'Saachen esou dramatesch hei dohinnergestallt ginn, fir ze soen, wou d'Schëff soll hige fouert ginn.

An da kommen ech emol bei de Krankekesendefizit, Här President. Dat war dach dësen Hierscht déi politesch Fro hei zu Lëtzebuerg. Et war eng wichteg Fro, et war eng eescht Fro, an et war eng Substanzfro. Et war eng Fro mat där sech d'politesch Gremien iwwerall ofginn hunn, d'Tripartite ass zesummekomm, huet doriwwer befonnt, mä et gouf een Eenzege vun deem mir bis ewell näischt héieren hunn, dat war d'Lëtzebuerger Sozialistesche Partei! An deem wichtigsten a politesch aktuellsten an akutsten Thema, wat mir dësen Hierscht hei zu Lëtzebuerg diskutéiert hunn, hunn d'Sozialiste sech hannert d'Heck gedréckt, si hunn näischt gesot. Mir kenne jo wa bei hinnen eppes lass ass, dass bei all neie Blummestack eng Pressekonferenz ageruff gëtt, dat wësse mer. Mä hei zu dëser Fro, déi all Mënsch hei am Land interesséiert, wéi kréie mer dee Krankekesendefizit do an de Grëff, wéi kréie mer déi Problematik do geléist, héiere mir vun de Sozialiste kee Wuert!

(Interruption)

Jo, jo! Ech hu vum Här Krecké d'lescht Woch, an ech hu vum Här Bodry hei näischt héieren, a wéi ech den Här Bartolomeo gefrot hunn, wéi dann d'Attitud dovunner wär, dann huet e mech verweisen op de Wahlprogramm. Neen, Här President, esou geet dat net, hei ass...

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Här Weiler, fir lech ze berouegen, mir wäerten déi Problemer schonn ze léise wëssen! Sidd lech konsequent: Wann Dir gären d'Léisunge vun eis hätt, da macht d'Plaz fräi! Dat ass dach net seriö dat, Här President. Dir hutt schonn ofgedankt!

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, dat do ass awer de Combel!

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Dat gëtt et dach net, dat doten! Dat do dat gëtt et einfach net!

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.** - Dir Hären, lauschtet emol. Esou kënnen mer net weiderfueren! Wann Der esou weiderfuert, da gëtt d'Sézung ënerbrach. Esou kënnen mer net schaffen. Ech mengen et soll een nolauschteren. Jiddferen huet jo d'Geleeënheet, wann eppes do ass wat net richtig ass, fir d'Wuert ze verlaangen „pour fait personnel“. Mä dauernd dotëschent ze funken, dat ass jo keng Diskussion! Fir dat wichtegst Gesetz vum Joer, dat ass de Budget, ass et onerhéiert wéi hei procédéiert gëtt! Et soll géigesäiteg opgehale gi mat deene Provokatiounen. Schwätzt sachlech zu der Saach.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, ech hu gesot, dass d'Opposition hei gefrot huet, dass d'Regierung hire Wee, hir Piste soll méi kloer definéieren. Et géife Saachen net kloergestallt ginn, et géife Saachen ugedeit ginn, ass d'lescht Woch hei gesot ginn, mä et géif net richtig gesot ginn... Ech wollt just hei soen, dass mer hei eng wichteg an eng grouss politesch Fro hunn. De Krankekesendefizit, dat interesséiert d'Leit alleguerten am Land, an d'Leit wéisste gären, wou steiert dat Schëff do hin. Wat kënn op eis duer? Wat hu mir ze erwaarden?

Jiddferen, Här President, hei am Land huet bis elo Faarf bekannt an där Fro do. Et ass just d'sozialistesche Partei, déi net Faarf bekannt huet, déi keng Pressekonferenz ageruff huet, déi huet d'lescht Woch net Faarf bekannt an déi huet haut de Mëtteg liicht, ganz liicht.... Ech si gespaant, wéi et elo

herno ausheet. Mir hu glécklecherweis den Amendement vum ADR hei leien, da gesi mir jo mol wéi d'Resultat beim Vote do wäert sinn.

Et schéngt, wéi wann den Här Asselborn, wann ech e virdru richtig verstanen hunn, mä dat war och alles verlausuléiert a schwierig ze verstoen, ugedeit hätt, wéi wa si dann awer vläicht kënnte mat vill Mokrämp matdroen, dass gegebenefalls dann awer hei den Defizit géing gedeckt ginn iwwert de Wee vun engem Transfert vun där enger Keess an déi aner. Ech hunn et net richtig verstanen, well et net kloer an net daitlech war. Wann dat sollt d'Ausso gewiescht sinn, dann ass dat doten déi éischten Ausso vun de Sozialisten, déi mir dësen Hierscht an där ganzer Fro do héieren hunn. All déi aner Parteien hu sech positionéiert.

De Spätzekandidat vun de Sozialisten huet mat senger Leit sech hei wech geduckt an eis net gesot, wou et soll higoen, an ech muss soen, dat ass... Den Här Bodry huet d'lescht Woch hei op der Tribün dat Wuert feig gebraucht a l'adresse vun der Regierung. Ech soen lech, dat do ass eng feig Haltung vun de Sozialiste par rapport zu eis alleguerten, par rapport zu de Leit dobaussen, fir net Faarf ze bekennen an net ze soen, wou dann de Wee mat de Sozialiste géif hiféieren.

■ **Une voix.** - Här Di Bartolomeo, da sot mol eppes!

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Voilà, Här President.

(Interruptions)

■ **Une autre voix.** - Très bien.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - An ech soen dann nach eng Kéier, wat eis am fundamentaalsten hei gefeelt huet, dat ass, et hätt minimum den Effort kënnen gemaach ginn, fir deem een oder deem aneren an deene grouss Froen Amendemente virzeleeën.

Ech hu gesot, d'lescht Woch bei menger Interventioun hei, hei si Pisten ageschloe ginn, do kann een effektiv iwwert deem een oder deem anere Wee streiden, méi en héijen Defizit a Kaf huelen, méi op Emprunten zrëckgräifen an esou weider. Mä et ass awer ze vill einfach fir hei op d'Chambertribün ze kommen an ze soen, d'Dotatiounen vun de Fonge ginn op eng dramatesch Aart a Weis erof. Dat wëll jo also heeschen, dass se ze vill erofginn, dass een eppes misst maachen. Mä wann een eppes mécht, da muss een awer och wëssen, wou een dat Geld hierhëlt. Wéi ass dann d'Géigefinanzéierung vun enger supplementarer Dotatioun vun de Fongen? Geet dat iwwert de Wee vu méi engem héijen Defizit, dee mir a Kaf huelen? Geet dat iwwer weider Emprunten, déi mir sollen huelen?

Ech hätt gären, wann een dat hei seet a regrettéiert, an der Regierung virwerft, dass se et net mécht, dann hätt ech gären, dass déi, déi soen, dir musst hei en anere Wee aschloen, wéi dee Wee dann awer och soll gaange ginn a wéi dee Wee soll finanzéiert ginn.

An dann, Här President, kommen ech zum Schluss. Den Här Krecké, dee jo haut net ka bei eis sinn - mir wënschen him vun dëser Plaz aus all erdenklech Guddes, et doet mir och Leed, dass en net hei ass -, huet d'lescht Woch vill hei iwwert d'Wirtschaftspolitik geschwat an iwwert de Strategiepabeier vun der sozialistescher Partei. Den Här Asselborn huet virdrun hei och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun enger gudder Wirtschaftspolitik ervirgestrach.

Här President, ech ka villes dovunner deelen. Et sinn och eng Partie Saachen, déi am Pabeier vun de Sozialiste stinn, amgaang ëmgesat ze ginn. Anerer, do kann ee wierklech driwwer diskutéieren, well dat quant au fond net alles mat den Hoer erbäigezunn ass. Mä et ass awer trotzdeem apaart fir feststellen, dass d'Sozialisten, déi sech hei esou e bëssen den Ustrach wëlle ginn als de grouss Frënd vun de Lëtzebuerger Patronen, awer hei mat gespaltener Zong schwätzen, wann ech op där enger Säit e grouss Strategiepabeier fir d'Entreprises, fir d'Patrone virstellen. - Ech froe mech eigentlech, wat d'sozialistesche Basis also denkt, wa se all déi Strategiepabeieren do gesäit, mä ëmmerhin, dass ass hire Problem. Ech wëll soen, Här President...

(Interruptions)

■ **Une voix.** - Et ass net fir d'Patronen, et ass fir d'Wirtschaft. Wa mir ... Sidd Dir dann eleng déi, déi d'Wirtschaft kënnen hei verrieden?

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Economie, dat sinn Entreprises. An Entreprisé ginn normalerweis dirigéiert duerch Patronen. Esou huet dat mir bis ewell nach ëmmer geschéngt.

(Interruptions)

Ech wollt soen, Här President, dass d'Sozialisten an där Fro do mat gespaltener Zong schwätzen. Op där enger Säit gëtt hei dem Patronat virgemaach, dass si déi grouss Défenseure vun hiren Intérète wäeren an d'Regierung hätt näischt gemaach, an op der anerer Säit, an dat ass de Revers vun der Medail an dovunner gëtt net geschwat, läit nach ëmmer op deem Haus hei vum Parlament eng Proposition de loi vun der sozialistescher Partei, une Proposition de loi, an där iwwer eng supplementar Congéswoch geschwat gëtt, eng Proposition de loi, an där geschwat gëtt, wann dann am Kader vu Flexibilitéitsmoosnamen, déi a Betriber geholl ginn, dass do eng 35-Stonne-Woch - keng generaliséiert legal, dat ass net gefrot, neen, neen, mä do gëtt nach ëmmer vun enger 35-Stonne-Woch am Kader vun der Flexibilitéit geschwat.

Doriwwer schwätzen d'Sozialisten net, wa se bei de Patronen vun hirem Strategiepabeier schwätzen. Mä dat do sinn awer zwou verschidde Spuren. Ech soen lech, wann d'Sozialiste mengen, duerch d'Lëtzebuerger Wirtschaft géing e Ruck goen, mat hire Proposen, déi se hei maachen, da soen ech lech, dass awer op där anerer Säit mat där Propos, déi hei virläit, Zuckungen un d'Lëtzebuerger Patronat erukommen, wa se déi Propos gesinn, well déi kënnen decemment mat där Propos, a speziell an deenen Zäiten, wou mir elo dra sinn, net liewen.

A wann da gesot gëtt, mir müssen aus dem Carcan vun der 40-Stonne-Woch eraus, da soen ech lech, Här President, da komme bei vill Lëtzebuerger Patronen awer Froen op, ob dat, wat alles hei esou proposéiert gëtt, dann och deementsprechend gemengt ass.

Här President, ech wollt nach hei eppes soen iwwert d'Orakelen. Den Här Bodry hat d'lescht Woch hei gesot an huet der Regierung reprochéiert, si géif heiansdo orakelen an net daitlech soen, wat se mengt. Ech wëll dann awer och eppes soen zu de sozialisteschen Orakelen. Den Här Bodry huet hei gemengt missen ze soen, am Budget wäre keng Strukturreformen, mol net ugedeit, festzustellen. An en huet der Koalitioun virgeworf, si hätt kee Courage fir Strukturreformen ze maachen. Hien huet dobäi Referenz gemaach op d'Pensionsreform, déi mir gemeinsam an der leschter Koalitioun gemaach haten. An den Här Krecké huet gesot, dass noutwendeg Mesuren, déi gegebenefalls onpopulär wäeren, net geholl ginn.

Här President, dat sinn d'sozialistesche Orakelen. Ech wéisst gären: Wat heescht dat, Strukturreformen an dësem Budget, déi net virgeholl si ginn? Woura bestinn déi Strukturreformen, déi d'Regierung hei hätt misse virhuelen an net virgeholl huet? Woura bestinn déi noutwendeg Moosnamen an dësem Budget, déi gegebenefalls onpopulär sinn? Ech hätt gäre Kloerheet doriwwer. Et soll een eis dat kloer soen, wann een dat do an d'Welt setzt. Den Här Bodry hat gesot: Et gëtt eppes an d'Welt gesat, et gëtt eppes ugedeit an et kënn näischt méi no. Hei ass och eppes an d'Welt gesat ginn, et ass eppes ugedeit ginn, mä ech gesinn net, wat konkret soll nokommen.

Voilà, Här President, fir ofzeschléisse wollt ech just eng lescht Remarque maachen iwwert de Forfait d'éducation. De Spriecher vum ADR huet d'lescht Woch hei ugekënnegt, dass den ADR géif d'Familljeministesche hetzen a Joe bis dass se dat géif maachen, wat den ADR gären hätt. Gehetzt a gejot soll se also ginn, d'Familljeministesche.

(Interruption)

Also, Här Asselborn, ech géif lech bieden, heiriwwer keng Witzen ze maachen. Eis ass et heibäi net fir Witzen ze maachen. Wann hei Leit op d'Chambertribün kommen, Deputéierten, a soe si géifen ee vun de Kollege wëllen hetzen a joen...

■ **Une voix.** - Neen!

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Jo, dach, hetzen a Joe gouf hei gesot. Dir waart net hei, Här Asselborn, wéi dat hei gesot gouf. Ech muss lech soen, dass ass ganz schlëmm. Dat do ass net de Langage, mat deem mir fueren, an ech mengen och, et ass net d'Aart a Weis wéi ee Politik mécht. Politik mécht een andeems ee matenee streit, matenee kuckt, de beschte Wee sicht, sech mateneen ausernaner setzt, awer net andeem een deene Leit, déi eng aner Meinung hu wéi ee selwer, undroht, et géif een déi duerch d'Land hetzen a joen.

Dat ass e Sproochgebrauch, Här President, deem akzeptéiere mir net, an ech denken, dass och vill Wieler dobaussen dat net akzeptéieren.

Ech soen lech merci.

■ **Une voix.** - Très juste.

(Interruption)

■ **M. le Président.** - Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Jo, Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech hunn elo während zwou Stonnen hei aktiv nogelauscht, et ass haapt-sächlech iwwer Renten an iwwer Krankekeese gaangen. Wann ech besonnesch de Problem vun der Rente kucken, da sinn et hei an dësem Haus fënnf Parteien, déi un deem Rentendësch waren, déi also zesummen dat beschloss hunn, wat elo exekutéiert gëtt. Den ADR wollt 13 Milliarden al Lëtzebuerger Frang dropleeën. D'Sozialiste wollte fënnf Milliarden dropleeën. Dat heescht also, mir hunn ee Konsens fonnt, déi fënnf Parteien hei an der Chamber plus d'Gewerkschaften. Da misste mir eis dach kënnen hei op d'mannst freeën, dass déi Leit während deenen nächste Joren hir Rente kréien a se bezéien. An ech fannen, wann een hinnen dann Angscht mécht, dass ass dach net gutt.

(Interruptions)

Mä Dir macht hinnen Angscht, doduerjer dass gesot gëtt, ...

(Interruption)

...si sinn herno net méi ze bezuelen.

(Interruption)

Däerf ech lech soen, dass momentan d'Rentereserven am Privatsektor 5,67 Milliarden Euro sinn. Dat

si praktesch 220 Milliarden al Lëtzebuerger Frangen. An dann nennt een dat Renteklau. Wann ech eppes klauen...

(Interruptions diverses)

Klauen ass, wann ech wëssentlech engem eppes huelen, wat mir net gehéiert.

(Coups de cloche de la Présidence)

...3,1-mol d'Dépense annuelle. An Däitschland sinn et nach just 20 Deeg. An am Joer 2004 sinn et 6 Milliarden an 20 Milliounen Euro. Ech mengen, dat muss een de Leit dach dobausse soen. Wann een hei nogelauschtert huet, dann hat een d'Impressioun, datt vum nächste Joer u keng Rente méi géinge bezuelt ginn.

(Brouhaha général)

Da wollt ech eise Kollege Sozialisten, déi jo prett si fir an d'Regierung, wéi se elo soen, déi d'Relève wëllen huelen, an déi soen, mir hätten jo schonn abandonnéiert, wat elo zum Beispill d'Krankekeese ubelaangt, soen: 1999, wat fir en Defizit hu mir da fonnt, wéi mer komm sinn? Zwou Milliarden. Wat ass du geschitt?

(Interruption)

D'Participatioun vum Stat ass op 37,5% gesat ginn, nodeem awer an där vieregter Legislatur dräimol Augmentatioun vum de Cotisatioun komm sinn. Also muss ee sech dach dat emol virstellen, dat ass eng Ierfschaft, déi mir du vun de Sozialisten iwwerholl hunn, dat ass déi Kuerzsiichtegkeet, un déi si elo net méi denken.

Plusieurs voix.- Très bien.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Jaerling, dann den Här Bodry an da schlësse mer of.

Une voix.- Ouni Augmentatiounen.

Une autre voix.- An d'Cotisatioun sinn nach erof gaangen.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, et fält jo heiandsdo schwéier, mä do wou den Här Weiler Recht huet do huet e Recht. A wéi e gesot huet, dass et deemools just net ëm d'Tripartite gaangen ass, mä ëm d'Vetorecht, ass et och dorëms gaangen, well wann een nämlech de Gewerkschaften ee Vetorecht ginn hätt, dann hätt een d'Gewerkschaften deemools mam Statsrot gläichgestallt. An ech mengen, dat wär jo awer e bëssen iwwerdriwwer gewiescht an et war och net dat, wat ee wollt.

Mä den Här Rippinger huet elo erëm eng kéier ugefaangen hei vum Renteklau ze schwätzen an do wëll ech richtigkeetshalber mol soen, hei sinn eng Rei Leit déi iwwer Saache schwätzen, wou se absolut keng Ahnung hunn.

(Interruptions)

An 30 Milliarde sinn deemools Scholdschäiner gestrach ginn an et ass net, wéi den Här Weiler gesot huet, dass do d'Regierung 8% bezuelt huet. D'Regierung huet hir Participatioun vu 7% just op 8% gehuween, an dat innerhalv vu fënnef Joer. An dat huet se net gemaach weinst deenen 30 Milliarden.

(Interruptions)

Une voix.- Dat stëmmt.

M. Aly Jaerling (ADR).- Ma sécher, dat huet d'Regierung gemaach, net weinst deenen 30 Milliarden, mä just well dat souwisou gescholt war. Här Glesener, Dir misst et jo awer wëssen.

An da fuere mer weider mam Renteklau. Wat hei vergiess ginn ass, dat sinn déi zéng Milliarden, déi säit 1993 aus de Pensiounskeese geholl gi fir Beschäftigungsmesurë wéi d'Prépension-ajustement, wéi d'Préretaire-ajustement ze bezue-

len. Dat sinn all Joers 800 bis 900 Milliounen déi do eraus geholl ginn, fir d'Préretaire ze bezuelen, wat eng reng Beschäftigungsmesure ass a wou den ADR deen eenzege war, deen de Courage hat, dat vun deemools hei riicht ze béien, an deen eng Proposition de loi gemaach huet, déi einfach an iergendengem Tirang verschwonnen ass. Och dat sinn d'Sue vun deene Leit aus dem Privatsecteur, déi do geschafft hunn, an déi einfach vun der Regierung geholl ginn, fir Beschäftigungsmesuren ze bezuelen.

Da kënn elo nach dobäi, datt vun deenen 130 Milliounen, déi elo geholl ginn, der nëmmen 80 gebraucht ginn. Déi 50 Milliounen kommen dann an d'Krankekeesereserven, a pour cause, well déi gi gebraucht, well nämlech dat Uerteel, wat 1996 gesprach ginn ass, dat ass och domadder net aus der Welt geschaaft, dass déi 130 Milliounen elo do geholl ginn, dat leeft weider an d'Krankekeese bezuele weider.

(Interruption)

D'Krankekeese bezuele weider. D'Gesetz ass nach net geännert.

An da kënn nach do dobäi, dass all déi strukturell Mesuren, déi un Hand vun Etüden ugekënnegt gi sinn, déi héchstwahrscheinlech nach fënnef Joer wäerten daueren - well virun den nächste Wahle komme si ganz bestëmmt net -, net a Kraaft trieden an da geet de Krankekesesendefizit weider, well ebe keng nohalteg Mesurë getraff gi sinn.

An hei ass och behaapt ginn, et wäre keng Leeschtungsverschlechterunge komm. Och dat ass falsch. An ech ginn lech nëmmen ee Beispill, dat eenzegt wat d'Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie fäerdeg bruecht huet, dat ass bei de Participatiounen vun den Zänn-dokteren, de Remboursement vu 95 op 90% erfrozesetzen. Dat heescht et kann een also och hei net soen, et wäre keng Leeschtungsverschlechterunge komm. An dann zielt Der deene Leit emol, déi hire Kanner mussen Zahnsponge bezuelen, wou se bal kee Su erëmkreien, datt déi elo nach manner erëm kreien. Also, hei ass wierklech esou zimlech alles verbrach gi wat konnt verbrach ginn an domadder brauch hei wierklech kee sech ze brezen, an dofir soen ech dat hei: D'Zukunft vun de Finanzen vum Stat ass net méi dat, wat se eng kéier war, awer och déi vun deser Regierung net.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Wou mer eigentlech jiddferree Recht ginn huet, dass d'Budgetsdebatt net eng Froestonn un d'Opposition ass, stellen ech awer fest, dass mer um Enn vun deser Debatt erëm eng kéier op den éischte Punkt zrëckkomm sinn an dass sech erëm eng kéier haauptsächlech mat der Opposition an haauptsächlech mat menger Partei ausernaner gesat gëtt. Et pour cause, géif ech hei soen, well effektiv deen heite Budget kee Budget ass, deen een an d'Vitrine stellt, deen heite Budget ass d'Suite vun dräi falsche Budgeten. De Budget 2002 an de Budget 2003, déi 9 a 7% Progressioun haten, bei engem Wuesstum vun 1 bis 1,5% - an et soll ee mer soen, wat dat mat mëttelfristeg a virsichteger Finanzplanung ze dinn huet.

Et soll ee mir heibanne soen, wat dat dote mat där vun der CSV an d'Vitrine gestallte virsichteger Finanzplanung ze dinn huet. Et soll ee mir soen, wéi ee ka fäerdeg bréngen, mat zwee Budgeten, déi nieft dem Dill waren, an engem drëtten Budget dat doten erëm gutt ze maachen, well einfach déi Warnungen ni gehéiert gi sinn. Hei ass

jo och op deser Tribün geschmunzelt ginn, wann ee gewot huet ze soen, mir géifen a méi eng schlecht Zäit erakommen. Et ass jo bis an den November d'lescht Joer superbement, mat Absicht vun deser Koalitioun a vun deser Regierung, ignoréiert ginn, well se et einfach net wollte wouer hunn, dass et elo eriwwer wär mat där Situatioun, an där se sech ganz gutt gefall hu während zwee Joer.

(Interruptions)

Et soll een och net verkennen, dass hei net nëmme vun deser Regierung déi offiziell Reserven ugeknabbert gi sinn, mä wouvun nach keen an deesen Debatte geschwat huet an déi een a kenger Statistik erëmfënnt, dat sinn déi Okkultreserven a Milliardenhéicht vun de Steierréckstänn, déi elo an Zäit vun dräi Joer an ausschliesslech vun deser Regierung op Null erof gesat ginn. Mir wäerten eis leider musse mat där doter Problematik spéits-tens d'nächst Joer zesummesetzen. A schwätzt mat de Leit vun de Steierverwaltungen, si soe ganz kloer, 2004 ass net ee Réckstand méi do, da leeft d'Kierperschaftssteier an d'Gewerbesteier just nach vun den Acompten a vun den Dekonte vun de Krisejoren. Do geet et mindestens ëm 20% erof bei der Kierperschaftssteier a bei der Gewerbesteier. A wéi dann déi nächst Regierung soll mat där dote Situatioun 2005 an 2006 fäerdeg ginn, bleift e Rätsel.

Op déi dote Fro, wär ech frou gewiescht, wann ech en Ufank vun enger Äntwert vun der Regierung kritt hätt. D'Regierung, déi dofir bezuelt gëtt de Budget opzestellen, an net d'Opposition. D'Regierung, déi dofir bezuelt gëtt Léisungen ze proposéieren, an net d'Opposition. Mir si gäre bereet dat ze maache wa mer d'Verantwortung kreien a mir soen och de Wieler virun de Wahle wat mer Welles hunn, mä mengt net, mir géifen déi verfuere Kar vum Lëtzebuerger Budget elo aus dem Dreck zéien.

Mir hunn an deene leschten Debatten ëmmer Virschléi, Amendementen zu Budgeten erabruucht. Si si systematesch ofgelehnt ginn a mir haten dat éischt Joer eng Kampföstimmung - dat muss ee sech virstellen, esou demokratesch ass déi heite Majoritéit - an der Finanzkommission, ob se iwwerhaapt eis Amendementen un de Conseil d'État weider reechen; wat jo déi eenzeg Chance ass, fir dass d'Amendementen eigentlech berücksichtegt ginn, well soss einfach de Vote vum Budget net kënn zäitgeméis stattfannen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat war awer och an der leschter Koalitioun esou. Dir waart do och dobäi.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ah voilà, elo gëtt et awer Zäit, maacht net ëmmer, wéi wann Dir ni dobäi gewiescht wäert.

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (LSAP).- Da sollt Dir, Här Weiler, hei de Bak net esou voll huelen an effektiv och soen, wéi systematesch Ännerungsvirschléi vun der Opposition behandelt si ginn an deser Koalitioun. A mir hunn decidéiert, dass mer d'Opposition, déi guer kee Wäert huet, net nach eng kéier maachen, mä dass mer effektiv der Regierung rappeléiere wat hir Aufgaben an deem ganze Beräich sinn.

Dës Regierung, soen ech, mécht de Contraire vun deem wat se soll maachen. Si soll dem Land Vitamine ginn. Wat se mécht, si verabreicht Temesta an Iwwerdosisen, si schléifert an, si berouegt d'Leit a si dréit dozou bäi, dass eigentlech de politesche Be-

wosstsënn hei zu Lëtzebuerg net deen ass, wéi e misst sinn. Dat ass, mengen ech, déi grouss Responsabilitéit vun deser Regierung an do läit se dernieft.

A wann hei geschwat gëtt vu Krankekeesen, vu Fleegeversécherung - all déi Punkte wou mer elo an den Amendementen nach wäerten drop zrëckkommen -, wëll ech awer drop hiweisen, dass et zum Beispill dës Majoritéit war, déi elo probéiert huet a puncto Mammerent och nach en anere Finanzement ze kreien. Déiselwecht Majoritéit, déi - et ass nach net esou laang hier - drop insistéiert huet, dass dat heiten eng familljepolitesch Moossnam wär, also et logesch wär iwwert de Statsbudget ze finanzéieren, geet elo dohinner a versicht verzweifelt ze erreechen, dass elo dat doten net méi wouer ass, dass et op eemol eng Affär vu Sécurité sociale ass an dass et soll iwwert d'Pensiounskeese finanzéiert ginn. Ass dat doten eng virsichteg mëttelfristeg ausgeriicht Finanzplanung? Dat do ass fir mech Panik, well d'Regierung mierkt, dass se Schwieregkeete kritt iwwerhaapt nach d'Enner vum Budget zesummen ze féieren.

Une voix.- Très bien.

M. Alex Bodry (LSAP).- Genau datselwecht ass passéiert an all deenen aneren Domänen. D'Fleegeversécherung, loosst mer dat Beispill huelen, et ass keng gesetzlech Obligatioun gi fir dee Saz iwwert de Budget erfrozesetzen. An et ass a mengen Aen esouguer onverantwortlech fir et ze maachen, wou ee weess, dass d'Ausgabe vun der Fleegeversécherung an deenen nächste Jore wäerte weider steigen, klammen, an net wäerten erfgoen.

Wat mécht dann déi nächst Regierung? Wéi soll si mat där doter Situatioun eens ginn? A Jore wou d'Budgetslach riskéiert nach méi grouss ze ginn, wäert si forcéiert ginn, erëm eng kéier deen Taux eropzesetzen, wat se dann erëm eng kéier an zousätzlech Schwieregkeete bréngt. Hei ass erëm eng kéier probéiert ginn, kuerzfristeg iergendwéi eens ze ginn. D'Haaptsaach mir kommen nach bis zum Juni d'nächst Joer, an da kann déi nächst Regierung kucke wéi se mat deem Ganze virugeet.

Eppes Ähnlech kann een zu de Krankekeese soen, well et soll kee Mënsch mir soen, dass dat, wat do ausgeheckt ginn ass, logesch ass, wou ee sech elo berift op Gerichtsuertheeler wat d'Invaliditéit betrëfft, wou d'Gerichter jo nëmmen awer déi bestehend Texter interpretéieren an applizéieren. Mat därselwechter Argumentatioun hätt ee vläicht virdru bei all deene Leit, déi vläicht zu Onrecht invalid erkläert gi sinn, da missen en Emschwonk an de Keese maachen. Dat dote war och erëm eng kéier eng ganz kuerzfristeg, eng ganz egoistesche Moossnam fir dës Joer eens ze ginn, an da kucke mer wéi et spéider geet. Dat gëtt da studéiert, an déi Nächst, déi kënne kucke wéi se mat där doter Situatioun eens ginn. Dat ass déi Aart a Weis wéi dës Koalitioun, wéi dës Regierung mat de Problemer ëmgeet. Dat huet weineng mat Virsicht ze dinn. Dat huet guer näischt mat nohaltegem Wirtschaften ze di vum Land, an duerfir wäerte mir deen heite Budget net stëmmen.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire an och iwwert d'Amendementen a mir stëmmen doriwwer of.

Ech wëll drop opmierksam maachen, datt d'Amendementen, déi vun der Commission des Finances et du Budget ugehall goufen, en integrale Bestanddeel vum Budgetsprojert duerstellen. Den Text coordonné vum Budgetsprojert ass un d'Deputéiert verdeelt ginn als Annexe vum Rapport complémentaire

vun der Kommissioun a steet am Dokument 5200¹⁰. Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépenses als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1.

Mir maachen elo d'Lecture vun den Artikelen a fänken u mam Artikel 1. Dee gëtt awer nëmme gelies, d'Ofstëmmung gëtt opgehuewe bis déi aner Artikelen ugehall ginn, well doran d'Konklusioun vum Gesamtbudget enthalte sinn.

Lecture du texte du projet de loi 5200 (par M. Jean Asselborn)

Den Artikel 1 ass gelies.

D'Artikelen 2 bis 6 si gelies an ugehall.

Den Artikel 7 ass gelies.

Amendement 3

Beim Artikel 7 si mer saiséiert mat engem Amendement 3 vum Här Jacques-Yves Henckes. Dësen Amendement erfaasst ebenfalls den Artikel 1, an ech géif proposéieren, insgesamt iwwert dësen Amendement ofzestëmmen. Mir stëmmen also of iwwert den Amendement 3.

Vote

Et ass jo e Vote électronique verlaangt. Also mir stëmmen of iwwert den Amendement 3 zum Artikel 7.

Déi fir deen Amendement si stëmmen mat Jo, déi dergéint si stëmmen mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement 3 ass verworfen mat 34 Neen-, 7 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel) et John Schummer.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Domat ass den Artikel 7 ugehall an där Form wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

D'Artikelen 8 bis 14 si gelies an ugehall.

Den Artikel 15 ass gelies.

Amendement 4

Beim Artikel 15 hu mer och en Amendement vum Här Robert Mehlen. Dësen Amendement gesäit eng zousätzlech Disposition bei dësem Artikel vir. Den Amendement ass explizéiert ginn. Et huet jiddferen e schréfflech virleien an ech menge mir kënnen direkt doriwwer ofstëmmen.

Vote

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

D'Ofstëmme fänkt un iwwert den Amendement 4 zum Artikel 15.

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

Den Amendement 4 ass verworf mat 51 Neen- a 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par Mme Lydie Err), Lu-cien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Domadder ass och den Artikel 15 an där Form ugeholl wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

D'Artikele 16 bis 46 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 47 ass gelies.

Amendement 1

Beim Artikel 47 si mer saiséiert mam Amendement 1 vum Här Gast Gibéryen. Mir stëmmen also of iw-vert den Amendement 1.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

Den Amendement 1 ass verworf mat 33 Neen-, 19 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibé-ryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Jean-Marie Hals-dorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Mar-co Schank, Jean Spautz, Mme Nel-ly Stein, MM. Théo Stendebach, Ni-colas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel) et John Schummer.

Se sont abstenus: M. Marcel Gle-sener;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Domadder ass den Artikel 47 an där Form ugeholl wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

Da komme mer zum Artikel 48, wou och en Amendement virläit.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Do hu mer en Amendement iwwert d'Caisse de Maladie. Et ass dee vum ADR, mengen ech.

■ M. le Président.- Den Artikel 48 ass gelies.

Amendement 2

Mir si mam Amendement 2 vum Här Gibéryen befaasst. Mir stëm-men och iwwert deen of, zum Arti-kel 48.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

Den Amendement 2 zum Artikel 48 ass verworf mat 34 Neen-, 7 Jo-Stëmmen a 15 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel) et John Schummer.

Se sont abstenus: MM. Jean Assel-born, Alex Bodry, Mme Mady Del-vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolo-meo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Domadder ass den Artikel 48 uge-holl an där Form wéi e vun der Kommissioun virgeschloen ass.

Den Artikel 49 ass gelies an uge-holl.

An da stëmme mer och nach eng Kéier of iwwert den Artikel 1.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Ah jo. Deen hate mer jo gelies.

■ M. le Président.- Den Artikel 1 ass ugeholl.

Da komme mer zum leschten Arti-kel iwwert d'Entrée en vigueur.

Den Artikel 50 ass gelies an uge-holl.

Da stëmme mer elo of iwwert d'ge-samt Gesetz.

■ Une voix.- Elo gött et span-nend.

■ M. le Président.- Mir stëm-men elo of iwwert de Budget vum Joer 2004.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5200 et dispense du second vote constitutionnel

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

(Interruptions dues à des problèmes techniques)

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo- géint 24 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jean-Paul Rippinger) et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Za-nussi), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Alex Bo-dry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibé-ryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zu de Motiou-nen. Et si sechs Motiounen abruecht ginn. Déi sinn explizéiert ginn. Dir hutt se schrëftlech virleien a mir kënnen direkt driwwer of-stëmmen.

Motion 1

D'Motioun 1 ass vum Här Lucien Clement.

Ass do e Vote électronique ver-laangt?

(Négation)

Mir maachen e Vote par main le-vée.

Vote

Déi also fir déi Motioun sinn, si ge-bieden d'Hand an d'Luucht ze hie-wen. Wien ass dergéint? Wien ent-hält sech?

D'Motioun 1 ass eestëmmeg uge-holl.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun 2 vum Här Aly Jaerling.

Och par main levée?

(Négation)

Den Här Minister Frieden huet nach d'Wuert.

■ M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här Presi-dent, ech wollt zu der Motioun 2, déi näischt mam Budget ze doen huet, just soen, datt et mir net rich-teg schéngt, datt d'Regierung op-gefuert gëtt Gesetzzer a Konven-tiounen ze applizéieren, déi dëst Parlament gestëmmt huet. Ech wëll hei nach eng Kéier soen am Numm vun der Regierung an och dat hei, wat mech als Justizminister trëfft, datt selbstverständlech mir déi in-

ternational Verträge an d'Gesetzer uwenden. Dofir mengen ech ass déi Motioun hei iwwerflësseg.

■ M. le Président.- Et ass e Vo-te électronique verlaangt. Mir stëm-men also of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 50 Nee- a 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolo-meo), Lucien Lux (par M. Alex Bo-dry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanus-si;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Motion 3

Da kéime mer un d'Motioun 3.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 51 Nee- a 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch) et John Schum-mer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolo-meo), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanus-si;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-An-gelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

■ M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir hutt an der Sëtzung ge-sot, et hätten 33 Leit fir de Budget gestëmmt. Bei eis ass d'Procura-tioun fir den Här Schroell net gaan-gen. Ech hunn en also iwwerholl, esou datt Dir kënt anonncéieren, wat och wichteg ass vis-à-vis vun der Press, dass 34 Leit dee Budget gestëmmt hunn.

■ M. le Président.- Gutt, an der Rei. Mir huele Kenntnis dovun-ner. Dat gött dann an deem Sënn korrigéiert.

Motion 4

Mir stëmmen dann elo of iwwert d'Motioun 4.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 47 Nee- géint 7 Jo-Stëmmen a 4 Abs-tentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Claude Meisch), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par Mme Lydie Err), Lu-cien Lux (M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Marc Zanussi) et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira (par M. Fran-çois Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Motion 5

Da kéime mer un d'Motioun 5 vum Här Mehlen.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 5 ass verworf mat 49 Nee-géint 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Ro-bert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger,

Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Motion 6

An da komme mer zur leschter Motioun, d'Motioun 6 vum Här Jaerling.

Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech wollt just soen, ech hunn déi Motioun 6 hei gelies vun de Sitzung vun der Tripartite, do gëtt et kee Verbatim an et gëtt och net opgeholl. Also kann een dat hei net fuerderen, well esouguer, wann Dir déi Motioun géingt unhuelen, kënn-te mir lech dat net schécken, well et gëtt kee Verbatim.

Une voix.- Wéi dann?! Et gëtt dach Mikrofone fir dat opzehuelen!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Ofstëmme fänkt un.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

(Interruptions diverses)

D'Motioun 6 ass verworf mat 51 Nee- géint 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre

Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Domadder wär dee Punkt ofgeschloss an do komme mir elo zum Projet de loi 5255, deen d'Regierung ermächtegt Emprunten opzehuelen. Mir fänken u mat der Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi 5255 (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5255.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5255 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5255 ass ugeholl mat 34 Jo-, 8 Nee-Stëmmen a 16 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny

Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel) et John Schummer.

Ont voté non: M. Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg) et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Ass et d'selwecht erëm wéi d'éineschter?

Une voix.- Jo, wahrscheinlech.

M. le Président.- Jo, abee, dat musse mir awer nokucken. Wahrscheinlech geet et net.

Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wollt just froen, bei dem Vote iwwert den Amendement vun der Finanzéierung vun der Assurance Maladie, well d'Situatioun..., ob do net en Iertum virläit am Vote. Et sinn nämlech sou wéineg Oui-Stëmmen do. Dofir, ...

(Interruptions)

...well ech de Relevé nach net kritt hunn, wéi d'Resultat ass. Ech hu gemengt et kënn emol en Iertum...

(Interruptions diverses)

Une voix.- Jo, wéi hutt Dir da gestëmmt? Hutt Dir dofir gestëmmt?

M. le Président.- Also, Dir Dammen an Dir Hären, mir kucken dat eent no vun där enger Stëmm do an da korrigéiere mer dat, wann et noutwendeg ass.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.53 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live